gestallt hunn, deen net zu Contestatioune féiert an deen ok fir jiddereen ass. Ech sinn op jidde Fall iwwert déi Zorte Remarquë vun deenen engen a vun deenen anere Säite selbstverständlech ganz zefridden.

Et ass also en Accord, dee sech och am Kader vun de Kollektivverträg beweegt, sou wéi se an deene leschte Joren am Privatsecteur gemaach ginn. An ech menge kënnen ze soen, datt et schlussendlech en Accord ass, deen esou ass, wéi en am Regierungsprogramm definéiert ass: kontinuéierlech a moderat, en ass der ekonomescher an der finanzieller Situatioun vum Land ugepasst, an ech géing soen, et ass e responsabelen, et ass e räsonabelen an et ass en ekonomesch veräntwertbaren Accord, wou Dir haut een Deel ofstëmmt.

Ech soen all deene Fraktiounen, déi hir Zoustëmmung ginn hunn - dat si se alleguer -, villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domat definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5486 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmme bei 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen).

S'est abstenu: M. Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5338 portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5338 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marco Schank), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Gëschter huet d'Madame Loschetter eng Motioun zu dësem Projet déposéiert. Mir stëmmen elo iwwert dës Motioun of. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun vun der Madame Loschetter?

(Interruptions)

Jo. Ween d'accord ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Déi Motioun ass mat écrasanter Majoritéit ugeholl.

4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5408 iwwert d'Harmonisatioun vum Enseignement musical dans le secteur communal.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5408 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marco Schank), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5476, eng Ofänerung vum Gesetz iwwert de Bau vun der Cité judiciaire. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Brasseur, den Här Scheuer, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Sauber. Här Sauber.

5. 5476 - Projet de loi modifiant la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Marcel Sauber *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuerger Justiz waart zënter Joren, fir net ze soe schonn zënter Jorzéngten, op Aarbechtskonditiounen, déi am Fong engem drëtte Pouvoir hei am Land kënnte gerecht ginn.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech géif bieden dem Rapporteur nozelauschteren.

M. Marcel Sauber *(CSV), rapporteur.*- „Ein langer und extrem komplizierter Weg" huet eng Dageszeitung den 30. Juli 2003 tituléiert an dann och déi ganz Geschicht vun der Cité judiciaire, wéi mer se elo hei kucken, retracéiert.

Den Hierscht 2003 ass et da schlussendlech ugaangen an elo gesäit een, dass déi Gebailechkeeten ufänke konkret Form ze kréien. Ech weess net ob et Sënn mécht, déi ganz Debatten, Propositiounen a Géigepropositiounen nach eng Kéier hei ze widderhuelen oder ze thematiséieren. Op alle Fall ass et esou, datt duerch d'Gesetz vum 6. Abrëll 1999 d'Regierung habilitéiert ginn ass, d'Cité judiciaire op dem Site vum Hellegeescht-Plateau opzeriichten. Och duerno ass dëse Site scho méi wéi eng Kéier a Fro gestallt ginn, wat awer net den Objet vu mengem Rapport soll sinn.

Elo, no méi wéi sechs Joer, sinn d'Aarbechte scho relativ wäit gediehen a wäerten och - wann elo alles riicht viruleeft - fir 2007 ofgeschloss kënne ginn. Wiem dësen Zäitraum wéi eng Éiwegkeet virkënnt, dee wëll ech drop hiweisen, datt schonn 1902 festgestallt gouf, datt de Palais de Justice vill ze kleng ass, fir de ganze Justizapparat ënnerzebréngen. Deemools waren doriwwer eraus nach eng Partie Schied um Gebai festgestallt ginn, dat jo am 16. Jorhonnert als Gouverneurspalast gedéngt huet an och, wann ech mech gutt erënneren, Palais de Berlaymont genannt gëtt. An der Kommissioun konnte mer gewuer ginn, datt d'Regierung am Moment nach näischt décidéiert huet, wat mat deem ale Justizpalast soll geschéien.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Den Objet vum virleiende Gesetzesprojet ass u sech eng Rallonge budgétaire vu 25.950.000 Euro, déi awer net als Rallonge duergestallt gëtt, mä a Form vun engem neien Devis, deen dee ganze Projet erëm nei iwwerkuckt. Dat heescht den originale Projet war ugesat mat 99.250.000 Euro, elo hu mer en Devis virleie vun 125 Milliounen Euro. Eng Zomm, déi sech doduerch erkläre léisst, datt eng ganz Partie Neierungen hu misse virgeholl ginn un dem Projet, dee ganz iwwerholl ginn ass, nodeems d'UNESCO, de Conseil international des monuments et des sites - kuerz ICOMOS genannt - an d'Stad Lëtzebuerg deene Bedenke Rechnung gedroen hunn.

Den Haaptkritikpunkt loung virun allem doranner, datt de Projet u sech ze kompakt wier a sech géif negativ op d'Silhouette vun der Stad Lëtzebuerg auswierken. Dobäi koum dann och nach d'Découverte vun enger archeologescher Krypta, oder vun engem Klouschter aus dem 13. Jorhonnert, wou ICOMOS gemengt huet, déi misste virun erhale bleiwen.

Dat Ganzt huet da mat sech bruecht, datt wesentlech substanziell Änderungen un de Baupläng komm sinn, a fir eng Iddi ze ginn, ouni se elo am Detail hei ze skizzéieren, wëll ech der kuerz e puer opzielen:

D'Gebai vum Parquet vum Bezierksgeriicht ass ganz iwwerschafft ginn.

D'Gebai vum Service central d'Assistance sociale ass ganz aus de Baupläng erausgeholl ginn a soll an d'Gebai vun den Nationalarchiven transféréiert ginn.

D'Nationalarchivë komme jo bekanntlecherweis op Esch/Belval, mä en attendant, fir dann do genügend Plaz ze hu fir ze stockéieren, gëtt dann en Deel vum Parking als Zwëscheléisung geholl fir ze stockéieren.

Déi Ëmännerunge brénge mat sech, datt am Kader vun de Parkingsméiglechkeeten och huet misse geschnëppelt ginn op déi eng Manéier an op déi aner Manéier erëm weider ausgebaut ginn. Elo si mer bei 310 Parkingen amplaz vu 440.

D'Jugendgeriicht gëtt op eng aner Plaz higesat.

D'Friddensgeriicht erfiert liicht Ëmännerungen.

Dat Gebai vun de Locaux communs gëtt réaménagéiert, esou datt ee genügend Distanz zum Kanounenhiwwel behält.

De Projet vun der Tour des vents gëtt komplett fale gelooss.

An déi aachteckeg Tour vum Bezierksgeriicht gouf vergréissert, fir haaptsächlech och d'Cogénératiounszentral mat ënnerzebréngen.

Déi wichtegst Änderung um Projet ass awer d'Schafung vun der Crypte archéologique, wéi eben d'UNESCO an d'ICOMOS sech dat geduecht hunn. Do fält natierlech en Deel och vun deem geplangte Parking dann ewech.

Déi Krypta, déi dann aus dem 13. Jorhonnert d'Iwwerreschter mat sech eriwwer bréngt, huet eng Surface vu 60 op 46 Meter. Dat bedeit dann och déi grouss Distanz. Dat bedeit dann och, datt e Système porteur, deen aussergewéinlech ass, huet missen do eragezu ginn. An zwar gëtt eng Dalle mat enger Déckt vun 1,3 Meter do duerchgezunn, also 1 Meter 30, wat relativ grouss ass, wat relativ och kostspilleg ass. Mä déi awer noutwendeg ass, net nëmmen eleng fir déi Crypte do ze iwwerdecken, mä deen och noutwendeg ass fir déi Gebailechkeeten, déi verréckelt gi sinn, oder déi dorobber stoe kommen, kënne matzedroen.

Iwwert déi nei Répartitioun vun de Surfacë géing ech dann op de schréftleche Rapport vun der Kommissioun hiweisen, respektiv och op den Exposé des motifs, deen dem Projet bäiläit, deen explizit op deem dote Gebitt ass.

Ech wëll just an dësem Kontext vläicht nach ervirhiewen, datt d'Surface de réserve, déi '99 virgesi war op 3.400 m², elo praktesch verschafft gëtt, an deem Sënn datt dem Personalzouwuess an der Justiz Rechnung gedroe gëtt, an dee sech soll bis 2009 schlussendlech op 400 Unitéite belafen.

De Projet lant dann deementspriechend op 125 Milliounen. Dat heescht 26 Millioune méi wéi deen éischte Projet, dat bei engem Bauindex vu 501,34 Punkten, datéiert op den 1. Abrëll 1998.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn am Fong d'Eckpfeiler vun dësem Projet, deen natierlech och eng Partie Observatioune vun dem Statsrot nogezunn huet.

Eng éischt Kritik vum Statsrot ass déi wou e seet, de Projet wär net genügend duerchduecht gewiescht, e wär net seriö géréiert ginn an et wären ze vill Modifikatiounen a Réaménagementer komm.

Bon, ech mengen do muss ee feststellen, datt effektiv eng ganz Partie Réaménagementer komm sinn, déi awer vu baussen eran diktéiert gi sinn - ICOMOS, Stad Lëtzebuerg, UNESCO -, wat mat sech bruecht huet, datt de Projet komplett eng aner Form kritt huet wéi virdrun, well och der Silhouette vun der Stad anescht Rechnung gedroe ginn ass wéi am éischte Projet. D'Kommissioun ralliéiert sech do also un de Projet selwer vun dem Minister.

Da seet de Statsrot, fréier oder bis elo an deene meeschten Dépassementsprojeten ass eng Rallonge budgétaire gestëmmt ginn. Hei kënnt elo en neien Devis, wou de Statsrot dann och mengt, et hätt ee solle bleiwe bei deem ale System.

Bon, d'Kommissioun ass net där Meenung, well se seet, dee Projet hei ass u sech praktesch bal en neie Projet an et gewënnt un Transparenz, wann een dohinner geet an effektiv dann den Devis nei opzitt. Esou datt do d'Kommissioun der Propositioun vum Statsrot och net nokënnt.

Eng weider Kritik ass, wou de Statsrot sech d'Fro stellt, ob et net besser gewiescht wär, wat dat Klouschter aus dem 13. Jorhonnert ubelaangt, eng méi bëlleg Solutioun ze fannen. Wou en dann drop hiweist, vläicht hätt een dat kënne maache mat informateschen oder didakteschen Utensilien.

Bon, d'Kommissioun ass net där Meenung, well eben och ICOMOS an UNESCO gemengt hunn, dat do misst kënnen erhale bleiwen. An et gesäit och ganz gutt aus, als Vestige vun der Lëtzebuerger Vergaangenheet. Mir haten d'Méiglechkeet de Chantier besichen ze goen an dat ass relativ impressionant.

(Interruption)

Well de Moment nach e Meter Sand drop läit, deen duerno dann effektiv mam Läffelche muss erausgeholl ginn. Mä dat sinn eben d'Tücke wann ee soll bauen op esou engem Site.

De Statsrot kënnt dann och un déi Käschte vun der Ariichtung vun der Crypte archéologique, wou e seet, et wär besser gewiescht, wann een och déi Käschte mat an den Devis eragezogen hätt, amplaz datt déi de

Moment am Budget vun dem Kulturministère stinn.

D'Kommissioun follegt do och net dem Statsrot, well se der Meenung ass, et wieren zwou verschidde Saachen. Dat Eent ass d'Konstruktioun an dat Anert ass da méi wat de Fonctionnement soll ubelaangen.

Mä à propos Fonctionnement, do huet de Statsrot eng Opposition formelle mat erabruecht a säin Avis, well eben am Projet op enger gewëssener Plaz e Poste steet, Frais de location de parking. An do ass de Raisonnement vum Statsrot, dat do si keng Dépenses en capital, et si keng Dépenses d'investissement also, mä et sinn Dépenses de fonctionnement, an déi géingen net an de Projet hei eragehéieren. Sous peine d'opposition formelle, nach eng Kéier.

D'Kommissioun huet sech länger Zäit doriwwer ënnerhal an do ginn et pour le moins zwou Philosophien. Dat Eent ass déi, déi de Statsrot geholl huet, wou e seet, déi Frais de location, dat si keng Frais d'investissement. Déi aner Philosophie ass déi, wou ee kann awer och soen: Majo, dat do sinn net richteg Locationsfraisën, mä et ass am Fong eng Compensation pour pertes de revenu fir den Exploitant vum Parking, well eben hei de Commettant huet missen dohinner goen an dee Parking deelweis besetzen, fir kënnen déi nei Konstruktioun ze bauen.

Et ass also eng Dépense, déi noutwendeg ass fir den Investissement ze maachen. An aus där Optik eraus géing et scho passen, datt déi Dépensen hei mat drastinn.

Elo kann een iwwert déi zwou Approchë streiden, mä et muss een awer net driwwer streiden. An d'Kommissioun huet geduecht, si géing net driwwer streiden, well de Betrag ass relativ geringfügeg. Et geet ëm 215.000 Euro an et si genügend Suen op engem Budgetsposte bei de Finanzen, fir dat do kënnen als Locatioun ze bezuelen.

Aus där Optik huet dann och d'Kommissioun der Vue vum Statsrot Rechnung gedroen a se huet dann och deementspriechend dee Betrag vun der Locatioun erausgeholl aus dem definitive Betrag vun dem Projet de loi, esou datt dee sech elo op 125 Milliounen Euro beleeft.

Dir Dammen an Dir Hären, wat nach vläicht wichteg ass an dësem Kontext ze soen, dat ass datt déi Ännerungen do net en vase clos geholl gi sinn, mä datt regelméisseg déi zoustänneg parlamentaresch Kommissiounen, ob dat déi vun de Bauten, vun der Kultur oder vun der Justice sinn, a Kenntnis gesat gi sinn. Doriwwer eraus huet och d'parlamentaresch Konten- a Budgetskontrollkommissioun de 6. Dezember 2004 Kenntnis kritt vun deenen neien Optiken.

Och wann de Bauteminister Claude Wiseler wichteg Ëmännerunge bei der Prozedur vun der Approbatioun vun de Projeten ugekënnegt huet, déi an hirer Philosophie e Plus un Transparenz mat sech bréngen, sou bleift awer ze soen, datt sech dës Prozeduren net retroaktiv op Projete bezéie kënnen, déi amgaange si realiséiert ze ginn. Aus dësem Grond kann d'Kommissioun d'Approche, wéi se am Kader vun dësem Text virgesinn ass, weiderhi matdroen.

Et ass och esou, wann ee sech dat iwwerleet, déi heiteg Prozedur vun de Marchés publics, op jidde Fall bei Aarbechten, déi eng gréisser Envergure hunn, déi muss forcément oder praktesch an all Fall bal op Dépassementer ausaarten. Well am Fong geet et jo esou, datt opgrond vun engem Devis sommaire e Gesetzesprojet gestëmmt gëtt, an duerno, wann d'Autorisatioun da vum Législateur do ass, da ginn d'Etüde gemaach, da kommen eng Partie Facteure vu baussen oder vu bannen an da kënnt eréischt den definitiven Devis. Mä am Gesetzesprojet ass awer den Devis sommaire dran.

Déi nei Prozedur, déi de Bauteminister viru kuerzem der Chamberskommissioun, déi zoustänneg ass fir d'Kontroll vun der Exekutioun vum Budget, presentéiert huet, dréit dëse Kritiken, déi un de System vun haut geriicht sinn, Rechnung. Méi Transparenz, méi Informatioun, méi Kontroll, ugefaange beim Accord politique fir e Projet ausschaffen ze loosse bis hin zur Ausaarbechtung vun engem detailléierten Avant-projet, deen et erlaabt e seriöen Devis auszeschaffen, deen dann och eréischt dee Moment an engem Gesetz verankert gëtt, bis hin zu enger permanenter Finanzkontroll an och der Regel, wéini datt d'Chamber muss bei Zwëschenetappen informéiert ginn oder mat Zousazgesetzer befaasst ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat Beispill vun der Cité judiciaire illustréiert wéi en Devis, no der jëtzeger Prozedur, ganz séier dérapéiere kann, an dat net opgrond vu politeschen oder administrativen Interventiounen, mä duerch Awierkungen - souguer berechtegter - vun dobaussen. Hei wier et also falsch vun engem Dérapage ze schwätzen. Mä dat wonnert net, datt d'Mise en musique vun der neier Prozedur esou séier wéi méiglech sech imposéiert.

Schlussendlech nach e Wuert zu de Locationskäschten. D'Kommissioun schléisst sech do dem Statsrot un, fir eben der Opposition formelle aus de Féiss ze goen, a si hëlt dat schlussendlech aus dem Text eraus, aus dem Devis eraus, déi 215.000 Euro, vun deenen ech lech virdru geschwat hunn. Fir zousätzlech Informatioune weisen ech op de schréftleche Rapport, mä awer och op de Projet selwer hin, dee genügend Detailer bréngt, fir datt ee sech kann e konkret Bild do maachen.

Ech ka mat Recht behaapten, datt mer an der Kommissioun, wou mer zu engem majoritären Avis komm sinn, an engem konstruktive Geescht konnte matenee schaffen. Ech hoffen, datt d'Debatten zu dësem Projet gradsou verlafen, an an dësem Sënn soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Rapporteur Marcel Sauber Merci. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, budgetär Dépassementer vu grousse Bauprojete si leider heefeg, fir net ze soen ze heefeg, an ëmmer nees féiere se dozou, datt mer hei am Haus Rallongë musse stëmmen, fir déi zousätzlech an dacks schonns getätegt Ausgaben im Nachhinein ze autoriséieren.

Datt awer och ganz vill Bauprojeten, déi iwwerwältegend Majoritéit eigentlech, an hirem initiale Finanzkader ofgeschloss ginn, a wou et da jo och, par la force des choses, keng Dépassementer gëtt, ass natierlech, soen ech emol, manner spektakulär wéi déi dacks ganz héich Zousazkreditter, deenen d'Parlament a regelméissegen Ofstänn fir gréisser Objete muss seng Zoustëmmung ginn.

Meeschtens sinn déi Adaptatiounen, déi mer hei stëmmen, reng finanzieller Natur, esou wéi haut och dee Projet, deen elo kënnt, d'Nordstrooss. Bei der Cité judiciaire hu mer et awer emol eng Kéier mat engem relativ ganz neie Projet ze dinn, och mat zum Deel neien Inhalter, déi zousätzlech im Nachhinein hu missen an en neie finanzielle Kader gepaakt ginn.

De 6. Abrëll 1999 ass deen éischte Projet Cité judicaire gestëmmt ginn. Haut solle mer e komplett nei iwwerschafft Konzept unhuelen, wat mat engem Surplus vu bal 26 Milliounen Euro par rapport zum initiale Projet zu Buch schléit. De finanziellen Dépassement vun där éischter Enveloppe ass deemno ronn ee Véirel vun deem ursprénglech Volumen.

Zwar gëtt et, wéi eigentlech ëmmer, duerchaus Erklärunge fir déi nei Entwécklung. Déi Erklärunge fanne sech erëm virun allem an den Avisë vun der UNESCO, dem internationale Rot vun de Siten a Monumenter, awer och an der Haltung, déi d'Stad Lëtzebuerg an dëser Affär ageholl huet oder par la force des choses huet missen anhuelen.

Mäi Kolleeg, de Marcel Sauber, huet all déi Ursaache ganz am Detail opgelëscht, an ech soen him dofir och am Numm vun der CSV-Fraktioun Merci fir deen ausféierleche schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Mä wann et och Erklärunge fir déi Dépassementer a fir déi Ëmännerunge vum Konzept vum Projet gëtt, esou seet d'Evolutioun vum Dossier Cité judicaire eis dach a virun allem, wéi mer et an Zukunft wierklech net méi solle maachen. D'Schold fir dës Evolutioun a fir den Ëmstand, datt mer haut alles mussen ëmbauen, läit sécherlech net eleng beim Bauteminister a bei senger Verwaltung. Och mir hei an der Chamber mussen en Deel Schold bei eis selwer sichen. Mir musse siche bei deene Prozeduren, déi mer an der Chamber selwer fir den Ëmgank mat grousse Bauprojeten hunn oder besser gesot net hunn.

Zwar gouf d'Chamber iwwert d'Entwécklunge vun dësem Dossier - an de Marcel Sauber huet dat scho gesot - vun deenen zoustännege Ministeren dauernd um Lafende gehalen, mä d'Comexbu ass awer der Meenung, datt et domat net méi duergeet. Well leider - an dat muss een esou gesinn - beschränkt sech déi parlamentaresch Begleedung vun Investissementer, déi op eemol hir Richtung änneren, bis haut dorop, datt d'Chamber après coup hir Zoustëmmung zu Ännerunge gëtt, déi entweder längst geschitt sinn oder amgaange sinn ze geschéien.

Et ass deemno wichteg, datt d'Chamber selwer sech esou organiséiert, datt se méi fréi an op eng méi konsequent a méi konkret Manéier an d'Planung vu grousse Projeten agebonne gëtt, an datt se dës Projeten en cours de route och kann am A behalen - wann et muss sinn, andeems se mat Zäit per Gesetz déi Adaptatiounen unhëlt, déi sech als néideg erweisen. Am Idealfall awer musse mer eis esou uleeën, datt et ganz einfach an Zukunft - an dat ass wichteg - net méi zu deenen enormen Ännerunge finanzieller an och konzeptueller Aart kënnt, wéi mer se bis haut kannt hunn.

Mir wäerten am Hierscht deementspriechend eng Resolutioun hei an der Chamber stëmmen, déi esou eng nei a méi effizient parlamentaresch Prozedur festleet. Dat maache mer elo net am Kader vun dësem Gesetz, well ech mengen et soll een eng propper, objektiv Debatt iwwert déi nei Prozedur féieren, déi d'Chamber sech gëtt am Ëmgank mat deene grousse Bauprojeten. Trotzdeem wëll ech awer a grousse Linnen, well den Text jo scho virläit, dës Prozedur elo beliichten.

Mir hunn den Artikel 99 an eiser Verfassung, dee beseet, datt all gréisser Ausgab vum Stat parlamentaresch muss autoriséiert ginn. Deemno muss d'Chamber sech mat all eenzelne Bauprojet, dee méi wéi 7,5 Milliounen Euro no aktuellem Stand soll kaschten, ausernee setzen. An all Kéier wann déi ursprénglech Finanzrumm gesprengt gëtt, kënnt de Bauteminister zréck an d'Parlament, fir weider oder zousätzlech Dépassementer autoriséiert ze kréien.

Dem Bauteminister selwer, der Verwaltung, de Membrë vun der Kontrollkommissioun an der ganzer Chamber sinn dës Exercicer dacks méi oder wéineger penibel gewiescht. Elo endlech, mir schwätze jo schonns méi laang driwwer, hu mer et fäerdeg bruecht an der Kontrollkommissioun - a mam Bauteminister Claude Wiseler zesummen - eis eng Prozedur ze ginn, mat där an Zukunft Dépassementer vu Baukreditter solle spierbar méi rar ginn. Mir wëllen do esou virgoen, datt um Prinzip vum parlamentareschen Accord zu groussen Ausgaben u sech näischt geännert gëtt. Wat awer ännert ass d'Aart a Weis wéi e Projet virbereet a wéi e Projet duerchgefouert gëtt.

All Joer soll an Zukunft de Bauteminister um Enn vum éischte Semester der Chamber eng Lëscht virleeë mat deene Projeten, déi e Käschtepunkt vu 7,5 Milliounen Euro iwwerschreiden an déi dat Joer drop iwwer Gesetz autoriséiert solle ginn. Déi opgefouert Projete sinn all déi, déi de Stat an Eegeregie wëllt duerchféieren, dat heescht net déi zu deenen de Stat just e Subsid gi soll a wou de Bauhär dann och en aneren ass wéi de Stat selwer. Op dëser Lëscht soll de Präis vun deene verschiddenen Investissementer just summaresch berechent ginn. Bei der Analys an der Préifung vun de Projete vun dëser Lëscht geet et der Chamber ëm de Prinzip a virun allem awer och ëm d'Opportunitéit vun de geplangten Investitiounen, an nach net ëm hir definitiv finanziell Enveloppe.

D'Bautekommissioun examinéiert dës Lëscht an hëlt d'Avisë vun deene parlamentaresche Kommissiounen an, déi vun deenen eenzelne Projete betraff sinn. Zum Beispill vun der Educationskommissioun wann et ëm Schoulen, Lycéeë geet; vun der Familljekommissioun wann et ëm Altersheimer geet; oder der Transportkommissioun wa Stroossen oder Schinnen ustinn.

D'Bautekommissioun bereet dann an engem eegenen Avis eng Debatt hei an der Chamber vir. Eng Debatt, déi an der Chamber am Laf vun der zweeter Woch am Oktober vun all Joer soll iwwert dem Stat seng Investissementsprojete gefouert ginn. D'Chamber stëmmt dann eng Motioun an där se déi Projeten oplëscht, déi se wëllt zréckbehalen. Ech géif soen, am beschte géife mer souguer eng Motioun pro Projet, also fir all eenzelne Projet stëmmen, fir datt all eenzel Fraktioun sech dann och géint oder fir déi verschidde Projeten ausschwätze kann.

Et ass op Basis vun dëser oder dëse Motiounen, wou de Bauteminister dann déi detailléiert Virbereedung vun all Investissement bis hin zum Projet de loi d'autorisation virhuele kann. Déi Projeten, déi per Motioun de Feu vert kruten, ginn an engem Artikel zum Budgetsgesetz opgelëscht, an et ass dann och opgrond vun dësem Artikel, deen et dem Bauteminister erlaabt, Dépensë fir déi méi detailléiert Planung ze engagéieren.

Uschléissend ginn dann - wéi bis elo och - der Chamber déi eenzel Gesetzprojete virgeluecht, déi all Investissement prezis erfaassen, dokumentéieren an och ëmräissen. Wann d'Chamber esou Gesetzer gestëmmt huet, da muss se nodréiglech allerdéngs och mat all gréisserem Dépassement vun der Kreditrumm oder Ännerung vun dem Konzept vum Bau befaasst ginn. En neie Gesetzprojet gëtt eréischt néideg, wann den Dépassement vun deem Projet 5% vun deene virgesinnene Kreditter iwwerschreit. Dépassementer, déi manner héich si wéi dës 5%, ginn am Kader vum Statskont régularisiéiert, an zwar an deem Joer, wou de finalen Décompte vun deem Projet dann och virgeluecht gëtt.

Dës nei Prozedur soll et der Chamber erlaben, all Joer en Iwwerbléck iwwert déi geplangte gréisser Investissementer vum Stat ze kréien an de Bauteminister fir all Projet eenzel ze autoriséieren, eng detailléiert Planung ze maachen an duerchzefëieren. Déi fundéiert Detailplanung léisst haut dacks zu deem Moment, wou d'Chamber e Gesetz zu deem Projet stëmmt, sécherlech nach ze wënschen iwwreg. Mat där neier Prozedur soll dat anescht ginn an domat hoffe mer och gréisser Dépassementer an Zukunft ze verhënneren, well d'Planung u sech méi prezis gëtt, wéi dat haut dacks de Fall ass oder wéi et haut iwwerhaapt méiglech ass.

Kënnt et dann awer zu Dépassementer vun enger bestëmmte Gréissenuerdnung, muss sech d'Kontrollkommissioun vun der Chamber mat deene wahrscheinleche Méikäschte beschäftegen. Déi, déi da méi wéi 5% vun der ursprünglecher Finanzrumm ausmaachen, musse selbstverständlech iwwer en neit Gesetz zousätzlech autoriséiert ginn. Wann ee beispillsweis e Projet vun 100 Milliounen Euro huet, heescht dat, wann d'Dépassementer méi héich si wéi 5 Milliounen Euro, muss en neit, en zousätzlecht Gesetz duerfir gemaach ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, datt mat dëser Prozedur an Zukunft éischtens méi prezis wäert geplangt ginn, zweetens datt et doméinst och manner finanziell Dépassementer gëtt an drëttens datt doduerjer kee Bauprojet onnéideg an Zäitdrock kënnt. D'Chamber kritt ausserdeem d'Méiglechkeet, fir ganz am Ufank vun der Planung vun deem Projet dësen u sech ze refuséieren, wa se deeselwechten net fir opportun hält. Domat ginn onnéideg Planungsausgabe verhënnert an am Bauteministère gëtt sech am Detail just mat deene Projete beschäftegt, déi da schonn eng prinzipiell parlamentaresch Zoustëmmung kritt hunn.

Wa mer manner dacks hei mussen zesummekomme fir Rallongen ze stëmmen, ass dat e wichtege Schrëtt a virun allem och e richtege Schrëtt zu engem méi effizienten a méi zilorientéiere Plangen a Bauen zu Lëtzebuerg. An dat ass am Sënn vun deene groussen noutwendegen Investitiounen hei am Land, mä virun allem awer och am Sënn vun engem méi transparenten Ëmgang mat de staatleche Gelder.

Ech denke mol, datt nodeems d'Comexbu op Suggestioun vun hirem President dem Här Grethen nach e juristeschen Avis zu dëser geplangte Prozedur wäert ageholl hunn, mir - dat heescht u sech d'Chamber - am Hierscht dës Resolutioun stëmme kënne mat där mer dës Prozedur dann och endgülteg op d'Schinn bréngen wäerten.

Zum Schluss wëll ech nach soen, datt d'Bautekommissioun kierzlech an op Initiativ vun der Madame Brasseur de Chantier vun der Cité judiciaire besichtegt huet. Dobäi konnte mer alleguerte gesinn, datt d'Projete vun där Gréissenuerdnung mat Sécherheet net einfach ze plangen a scho guer net einfach ze realiséiere sinn. Ech mengen net, datt déi Leit, déi dru schaffen, net hiert Bescht ginn; an ech wëll se och vu menger Säit aus duerfir ausdrécklech félicitéieren. Mat där neier Prozedur, denken ech, wäerte si an Zukunft awer méi genee plange kënnen an de finanzielle Volet vun de Projeten och besser aschätze kënnen. Wann en cours de route Konzeptännerungen, wéi bei der Cité judiciaire, ufalen, da kann deenen hir finanziell Implikatioun nun eemol awer schlecht am Viraus ageschat ginn.

Duerfir, Här President, géif ech soen, brauche mer déi nei Prozedur, fir datt mer méi Planungssécherheet a méi Transparenz kréien. Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn zum Schluss nach den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Clement Merci an als

nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als Chamber alt nees - kann ee soen - befaasst mat engem Dépassement vu Kreditter bei engem Bauprojet.

E Bauteminister, deen huet verschidden Avantagen, an dee groussen Avantage ass deen, dass en normalerweis Bännercher kann duerchschneiden a Gebailechkeeten oder Ouvragen aweien, déi seng Virgänger op de Chantier ginn hunn. Dat ass déi freedeg Säit. Déi manner freedeg Säit, dat ass awer déi, mat där mer ganz oft konfrontéiert sinn, an dat ass wann et zu Dépassementer kënnt vun de Kreditter. An dat ass an der Lescht ganz oft virkomm, sou dass den Här Wiseler elo hei muss geruet stoe fir Dépassementer, déi vu senge Virgänger, dem Här Goebbels an der Madame Hennicot, op d'Schinn gesat gi sinn. An den Här Clement, deen ass elo grad en détail op d'Prozedur agaangen, sou dass ech dat hei net wäert nach eng Kéier widderhuelen.

Eng Fro, déi ee sech allerdéngs muss stellen, ass: Wat géing geschéien, wann d'Chamber esou e Projet net géing stëmmen? Mir kënnen elo soen, mir änneren d'Prozedur, da kënnt dat net méi vir. Mä wat géing geschéien, wa mer haut géinge soen, mir stëmmen Nee zu deem Projet um Helleg-Geescht-Plateau? Da misst de Projet deelweis gestoppt ginn, et géinge verschidde Saachen - sou wéi d'Suen nach do wieren - fäerdeg gestallt ginn, mä dann hätte mer keng Cité judiciaire. An et ass natierlech grad esou, dass d'Chamber iwwerhaapt kee Choix huet. Wa mer wëllen, dass eise Stat an eis Institutioune fonctionnéieren, da musse mer am Fong mat deenen Dépassementer d'accord sinn. An duerfir sinn ech frou, dass mer awer an d'Richtung ginn, dass mer eng nei Prozedur hei kréien.

Mir hu jo eréischt viru kuerzem e Supplément gestëmmt vun 30 Milliounen Euro, fir de Concertssall fäerdeg ze stellen. Hei stëmme mer elo e Supplément vu 26 Milliounen Euro, sou dass mer op ee Gesamtkäschtepunkt vun der Cité judiciaire komme vu ronn 125 Milliounen Euro. Dat si fënnef Milliarde Lëtzebuerger Frang. Mir hunn en Dépassement hei gehat vun enger Milliard Lëtzebuerger Frang. Wann een an Euro schwätzt, da gesäit dat net esou gewalteg aus, mä mir mussen eis awer bewosst sinn, wéi gewalteg et ass.

Deen Dépassement, dee mer haut hei hunn, huet Ursaachen, wéi och aner Dépassementer, an déi sinn och all an den Dokumenter gutt beluecht. Hei sinn d'Ursaache vum Dépassement haaptsächlech op Oploen zréckzeféieren, déi souwuel d'Stad Lëtzebuerg wéi d'UNESCO wéi och ICOMOS gemaach hunn. An ech wäert duerno dorop zréckkommen.

Ech wäert net op d'Virgeschicht vun deem Bau agoen. Mä et ass schonn awer bezeechnend, dass Lëtzebuerg bis elo nach ni eegen Infrastrukture fir d'Geriichter hat. Et ass op bestehend Gebailechkeeten ëmmer zréckgegraff ginn. A wann de Palais Berlaymont, dat heescht do wou den Tribunal elo dran ass, och e representatiivt schéint Gebai ass, sou kann een dat awer wierklech vun deenen anere Gebailechkeeten net soen. Wann ech d'Gebai huelen an der Casinosgaass, wou d'Cour supérieure dran ass, an de Parquet général, dat ass einfach indigne fir d'Justice, an dofir ass et ëmsou méi néideg an Zäit, dass mer eegen Infrastrukture fir ons Geriichter kréien.

Dass d'Iddi vun engem neie Palais de Justice net nei ass, dat huet de Rapporteur, deem ech wëll félicitéiere fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, och gesot. Hien ass op d'20er Joren zréckgaang. Eng Etapp sinn och nach d'50er Joren, wéi de Victor Bodson deemools Projeten hat fir en neit Gebai opzeriichten; an do wor d'Iddi vum Site d'Stäreplaz. 50 Joer drop hu mer erëm iwwert deeselwechte Site diskutéiert.

De Choix vum Site ass ëmmer eng Controverse an ech sinn nach ëmmer der Meenung, dass de Choix vun deem Site, dee mer gewielt hunn, an ech kommen duerno nach mat Detailer drop zréck, net gutt ass. Ech hätt léiwer gehat wa mer um Plateau du St-Esprit de Musée d'Arts modernes opgeriicht hätten, dann hätte mer deen no beim Stater Musée gehat - beim Musée vum Stat um Fëschmaart a beim naturhistoresche Musée -, dann hätte mer e Chapelet vu Muséeën no beienee gehat an dat hätt dee Site bestëmmt net esou belaascht wéi am Moment.

Mä d'Décisioun fir de Site, um Plateau du St-Esprit do eng Cité judiciaire ze bauen, ass nun eemol geholl gi vun der vir-viregter Regierung.

Mir sinn also frou, dass d'Justice elo endlech awer nei, oder iwwerhaapt appropriéiert Raimlechkeete kritt. Allerdéngs, wann ech kucke wat elo amgaangen ass do ze entstoen, da muss ech soen, dass ech alles anescht wéi frou sinn. Iwwert de Goût léisst sech streiden, dat ass och '99 an den Debatten hei gesot ginn. A mengen Aen ass dat, wat awer am Moment amgaang ass do ze entstoen, alles anescht wéi schéin. Ech fannen dat gräisslech wat am Moment um Plateau du St-Esprit gebaut gëtt.

Do ginn Arcadë gebaut. Ech héieren hei en Echo vun engem Kolleeg dee seet et wier fuerchtbar; dat ass een Term deen een och ka gebrauchen, also sinn ech mol schonn net eleng iwwert d'Appréciatioun.

(Interruption)

Den Här Bettel seet „moche". Et kann een also eng ganz Partie vun Terme gebrauchen.

(Interruptions)

Wat mech stéiert, dat ass, dass dee ganze Projet op engem Site ganz gedronge beieneen ass. Déi Arcaden, déi sinn disproportionnéiert, déi erdrécken alles. A wann ech eent vun deene wéinege Gebailechkeete kucken, wat jo erhale bliwwen ass, nämlech d'Vaubanskasär, wat ervirstécht duerch seng Schlichtheet an Einfachheet, dat ass e schéint Gebai wat équilibréiert ass; dat gëtt einfach duerch deen hei Projet erdréckt.

Ech muss lech soen, dass een net kann houfrech sinn, dass een esou eppes matzeverantworten huet. Nach stinn ech zu menger Responsabilitéit, mä ech wollt awer hei soen, wéi meng perséinlech Appréciatioun iwwert d'Ästhetik ass. Ech fannen nämlech, dass déi Cité judiciaire am Fong en onzoumuttbaren Agrëff an d'Silhouette vun der Stad ass. A wann een d'Auteure vum Projet deemools gewäerde gelooss hätt, da wier deen Agrëff nach vill méi schlëmm ginn.

Deemools si schonn Awänn och hei an der Chamber komm, an am Virgespréich och bei der Stad Lëtzebuerg, mä hei an der Chamber huet deemools d'Madame Polfer gesot, dee Projet misst onbedéngt iwwerschafft ginn, well e wier ze vill dense. Dat wor de 17. März 1999. An déi Tour des vents, déi däerft op kee Fall gebaut ginn. D'Tour des vents wor en Tuerm, dee virgesi wor vu 37 Meter héich; dee wier op déi Plaz komm, wou elo d'Entrée ass fir an de Lift fir an de Gronn ze fueren. Déi Tour des vents hat iwwerhaapt keng Fonctionnalitéit, mä dat sollt e Punkt ginn, deen d'Cité judiciaire vu wäitem géing weisen.

De Spriecher vun der LSAP deemools, den honorablen Här Metti Greisch, huet gemengt, an ech zitéieren: „et wier e monumentaalt Wierk, wat géing entstoen, an de Wandtuerm, dee kéint zu engem Wahrzeeche vun der Stad Lëtzebuerg ginn".

Gott sei Dank ass dat net agetrueden a Gott sei Dank ass dat net gebaut ginn. A Gott sei Dank huet d'Madame Polfer deemools schonn hir Awänn als Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg ugemellt, mä och hei op der Tribün als Deputéierten.

Den Här Goebbels huet awer gemengt dee Choix wier gutt, hie géing och zu deem Choix stoen, och vun den Architekten, an en huet gesot, an ech zitéieren den Här Goebbels: „Eng Justice, déi offen ass, wou d'Bierger dotëscht kënnen zirkuléieren, wou d'Touriste kënnen dertëschent spadséiere goen an dee wonnerschéine Site, deen de Plateau du St-Esprit duerstellt, kënne besichtege goen, an doduerch dagsiwwer fir Animatioun suergen."

Ech muss lech soen, dass ech dat, wéi ech dat elo nogelies hunn, e schreckleche Saz fannen, an ech probéiere mer dat elo virzestellen, wéi d'Touristen elo do spadséiere ginn, wann et fäerdeg gestallt ass. Et ass jo awer bestëmmt net, dass eng Cité judiciaire esou soll sinn, dass dat e Point d'attraction fir d'Touriste sollt duerstellen. Au contraire fannen ech, dass et wierklech der Silhouette vun der Stad Lëtzebuerg näischt Positives bréngt. Au contraire!

Eng ähnlech Architektur, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sollte mer och hei virun d'Dier kréien. Den Här Goebbels hat deemools als Bauteminister och verschidde Projete vum selwechten Architekt ufäerdege gelooss fir d'Chamber ze transforméieren; dat woren déi Haiser Richard a Printz. Dat sollt eppes ganz anescht ginn. Et sollt empiétéieren och op dee ganz schéinen Haff, deen d'Stad Lëtzebuerg elo a säi Musée incorporéiert huet; dee sollt mat verbaut ginn. Hei sollten och esou Arcaden entstoen an déi Gebaier sollte matenee verbonne ginn duerch eng Bréck - mir kréien och elo eng Passerelle, Här President -; mä eng Bréck, dat huet ausgesi wéi de Pont des soupirs. Op enger anerer Plaz ass dat vläicht schéin, mä hei zu Lëtzebuerg wier et net schéi gewiescht.

An ech si wierklech frou, dass deemools op d'Hartnäckegkeet vu verschidde Leit zréckzeféieren ass, dass dat net realiséiert ginn ass, an ee vun deene Leit, dee sech vehement dogéint gewiert huet, wor d'Madame Polfer deemools als Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, an dunn hu mer en anere Projet finalement développéiert.

Dëse Projet werft nieft der Fro vun der Ästhetik, an ech mengen dozou hunn ech meng Meenung gesot, och d'Fro vum Fonctionnement vun der Justice op a vun der Plaz, déi elo zur Verfügung steet.

Am éischte Projet ass gesot ginn, et géing duer mat der Plaz. De Procureur général huet dat och an der Kommissiounssitzung deemools gesot, de President vum Tribunal huet dat an engem Interview widderholl an den Här Goebbels, wéi och den Här Rapporteur, dat wor den Här Jean Schiltz deemools, deen huet hei op der Tribün gesot, et wier eng Reserv vun 20 bis 25% dran. Wann ech awer elo kucken, de Projet ass remaniéiert ginn; d'Surface exploitable ass awer an d'Luucht gaang an nach ass net Plaz genuch, well de Service central d'Assistance sociale fënnt hei keen Ënnerdaach.

An ech muss lech soen, dass ech dat schued fannen, well dat ass e Service dee Partie intégrante ass vun deem ganze System. Et ass enorm wichteg, dass déi awer do lokaliséiert sinn. Dee Service central d'Assistance sociale huet ugefaang an der Casinosgaass; op Franséisch ass dat d'Côte d'Eich. Wéi dee Service nach wierklech am Ufank wor, en huet sech duerno développéiert, et sinn ëmmer aner Raimlechkeete gesicht ginn. Elo sollt en endlech bei d'Justice kommen an elo muss en do erëm wäichen; well bis deen eng Kéier an den Archives nationales ënnerdaach kënnt, dat wäert nach ganz laang daueren, ier d'Archives nationales transféréiert ginn.

Wéi et mat der Plaz soss ass, froen ech mech och, well mer wësse jo dass zousätzlech Jugen agestallt gi sinn - wat wichteg ass - an dass et e Plan de recrutement gëtt fir zousätzlecht Personal nach anzestellen. Mir brauchen onbedéngt do méi Plaz. Dofir bedaueren ech et, dass zum Beispill net op d'Iddi zréckgegraff ginn ass, op der Rocade de Bonnevoie deemools dat ze développéieren. Mä deen Zuch, deen ass elo fort.

Wat den Timing ubelaangt, Här President, ass et och interessant nozeliesen, wat de 17. März 1999 hei gesot ginn ass. Den Här Goebbels sot Folgendes: „Ech hoffen, dass mer et fäerdeg bréngen, dee Projet de loi an dräi, spéitstens dräi an en halleft Joer ze exécutéieren, esou dass d'Lëtzebuerger Justice ënner beschtméigleche Konditiounen ab dem Joer 2003 fonctionnéiere kann." Den Här Goebbels hat also gemengt, vun 2003 u kënnt d'Justice op deem neie Site fonctionnéieren.

Elo kann ee soen, et si Retarde komm wéinst den Oploen. Mä da soen ech, Gott sei Dank sinn déi Oploe komm vun der Stad Lëtzebuerg, Gott sei Dank sinn déi Oploe komm vun der UNESCO a Gott sei Dank sinn déi Oploe komm vun ICOMOS. Wann déi Oploen net komm wieren, da wier de Projet nach vill méi importent ginn, da wier dee Site nach vill méi belaascht am richtege Sënn vum Wuert, de Volume wier ze grouss gewiescht, an dat wier wierklech au détriment vun der Stad Lëtzebuerg gewiescht. Mir hätten och riskéiert, Här President, oder mir wiere bal sécher gewiescht, den Titel vu Patrimoine mondial architectural ze verléieren, wat jo awer fir d'Stad Lëtzebuerg en onheemleche Verloscht gewiescht wier.

Nach e puer Remarquen zum Schluss. Et gëtt hei geschwat vun deene Méikäschten, déi entstane sinn duerch d'Erhale vun där Crypte archéologique. Dass do Iwwerreschter vum Klouschter sinn aus dem 13. Jorhonnert, ass net verwonnerlech, well et wosst een, dass et do géing e Klouschter ginn, wat ënnert der Ermesinde gebaut ginn ass - d'Abbaye du St-Esprit ass do gebaut ginn - an dass do Iwwerreschter waren. Dat konnt ee sech virstellen; wéi dat iwwerall iwwregens an der Festung vun der Stad Lëtzebuerg ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Well an der Stad Lëtzebuerg ass, wéi an all anere Festungsstied och, wann eppes ofgerappt ginn ass, eppes anescht an d'Plaz gesat ginn, an hei ass et jo fir militäresch Zwecker duerno benotzt ginn. Dann ass dat op dat anert dropgesat ginn, well se keng aner Méiglechkeeten haten. Esou dass et net verwonnerlech ass, dass, egal wou ee baut, een op Iwwerreschter stéisst, déi awer musse préservéiert ginn. Dofir sinn ech frou, dass dat och hei geschitt.

Eng zweet Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass déi vum Parking. Et war mir net bewosst, dass elo schonn en Deel vum Parking gebraucht ginn ass fir d'Archiven, an dat ass jo och fir d'Archiven esou ëmfonctionnéiert ginn. Dat war mir net bewosst, an et ass am Fong schued, dass Raimlechkeeten, déi fir Autoe virgesi sinn, déi mer awer brauchen, fir d'Attraktivitéit vum Stadzentrum a vum Geschäftszentrum ze gewährleeschten, gebraucht gi fir eppes net Lieweges, dat heescht wierklech Pabeier ze stockéieren. En ass zwar gutt do ënnerbruecht, mir waren dat och kucken, mä ech mengen net, dass dat déi beschten Iddi war.

Da wollt ech dem Minister eng Fro stellen, wéi et mat de Statsarchiven ass, wéi et mam Timing ass, wéi e sech virstellt, wéini déi nei Gebailechkeeten da kéinte gebaut ginn, a wéini dann dës Gebailechkeete fräi ginn, fir dass déi kënnen der Justice zur Verfügung gestallt ginn.

Ech wollt och eng Fro stellen, ech mengen awer net, dass de Minister dorop kann eng Äntwert ginn, mä mir mussen ons awer all Gedanken doriwwer maachen: Wat geschitt mam Palais Berlaymont? Do wou elo d'Geriicht am Moment dran ass, dee jëtzege Palais de Justice, e representatiivt Gebai. Ech weess, dass dat zum Fonds de la Vieille Ville gehéiert. Nach muss ee wëssen, wellech Affektatioun een deem representative Gebai gëtt.

An da wëll ech nach e Wuert soen zum Délai, Här President. Wéini rechent den Här Minister domat, wa mer elo haut dee Kredit stëmmen, dass d'Aarbechte viruginn a wéini ass mat engem Ofschloss vun deem Bau ze rechnen? Ech wëll net, dass hien esou eng optimistesch Ausso mécht wéi säi Virvirgänger, well soss wier dat Gebai jo schonn zwee Joer laang a Fonctioun, mä et muss een awer kënne raisonnablement, elo wou de Chantier awer esou wäit gediehen ass, soen, wéini een do endlech kann der Justice eng definitiv Heemecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ons dru geleeën, dass mer eng Justice kréien, déi fonctionnéiert, op engem Site, deen digne ass, och wa mer deen hei net schéi fannen, mä dass mer elo endlech virukommen, an dofir, trotz all deenen Onzoulänglechkeeten, besonnesch um ästhetesche Plang, wäerte mer awer als DP-Fraktioun dëse Projet stëmmen; well wann een den Accord net dozou gëtt, dann entzéie mer ons onser Responsabilitéit.

Als Oppositiounspartei muss een och wëssen, dass een och déi désagréabel Projete muss matdroen - dëse gehéiert mat Sécherheet dozou - an dass mer dat och wäerte maachen. Well nach eng Kéier, wa mer dat net géinge stëmmen a wann eng Majoritéit heibannen dat net géing stëmmen, da wier de Schued, dee mer den Institutiounen, dem Lëtzebuerger Land géingen zoufügen, an der Justice zoufügen, vill méi grouss. Aus där Ursaach ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Scheuer. Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech wollt just am Virspann drun erënneren, datt d'DP och deen éischte Projet gestëmmt hat…

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Jo!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- …an datt et also an der Logik ass, datt se och deen zweete Projet stëmmt.

Fir d'éischt wëll ech der Madame Brasseur eppes soen: Si huet enger ganz negativer Meenung iwwert den Architekt an iwwert d'Architektur vum Rob Krier hei Ausdrock ginn. Däerf ech just drun erënneren, datt de Rob Krier als ee vun deene bedeitendsten Architekten an anere Länner ugesi gëtt, datt en Universitéitsprofesser ass, datt e Büroen huet an Däitschland, datt e Büroen huet a Frankräich, datt e mat sengem Brudder eng Coryphée vun der moderner Architektur ass. Firwat kann een dermat…

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Neen, neen, guer net! Dat ass keng modern Architektur!

(Interruptions diverses)

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Et kann een dozou stoe wéi ee wëllt,

dat gestinn ech lech zou. Derhannert stécht eng Philosophie, an dee Mann ass op d'mannst capabel, fir déi Philosophie ze artikuléieren. Domadder ass een d'accord…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Aner Architekten hu keng Philosophie!

M. le Président.- Stëppelt elo net déi ganzen Zäit wou den Här Scheuer schwätzt!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech wëll lech just drun erënneren, ech hat déi redoutabel Éier fir de Rapport ze maachen iwwert de Pei-Musée. Do hate mer genau déiselwecht Diskussioun iwwer eng Architektur, déi awer iwwerhaapt näischt ze dinn huet, guer näischt ze dinn huet mat där Architektur, déi vun deenen zwee Architekte Krier realiséiert gëtt. Des goûts et des couleurs, an dësem Fall,…

(Interruption)

…an dobäi wëll ech et beloossen, fir d'Éier vun den Häre Krier, déi Lëtzebuerg vertrieden am Ausland, op hir Aart a Weis a mat groussem Succès, och an der Chamber hei zurechtzerécken.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei gëtt en deieren Nomëtteg, e ganz deieren Nomëtteg. 125 Milliounen Euro fir d'Cité judiciaire, e Surplus vu 26 Milliounen Euro, an da komme mer duerno bei d'Nordstrooss mat engem Total vun 229 Milliounen Euro, déi mer also stëmmen. Ech wëll just e puer Wuert zur Cité judicaire soen a just zur Virgeschicht vun der Cité judicaire, well se awer och fir déi nächst Diskussioun, déi mer féieren, fir esou Dérapagen ze verhënneren, menger Meenung no ganz wichteg sinn.

Fir d'éischt e Kompliment un de Rapporteur, deen op eng sachlech, nüchtern Aart a Weis alles opgeschafft huet, wat nom Gesetz vun 1999 entstanen ass, an all Ëmännerungen opgewisen huet, déi zu deem Surcoût gefouert hunn. Ech soen och Merci, félicitéieren och dem Minister mat senge Servicer, déi dat dote Spill duerchgemaach hunn. Ech mengen dat hei ass en Dossier wou elo hoffentlech - ech mengen awer, et wär esou - näischt méi opsteet.

Et ass ouni Zweifel e Fait, datt en däregen Dossier opgeschafft ginn ass, en Dossier wou ee sech am Fong nëmme mat Faits accomplis ze befaassen hat. Déi technesch Aspekter, déi engendréieren dann en immense finanziellen Impakt, an de Statsrot huet sech deementspriechend och ganz kritesch geäussert.

D'Aarbechten an der Kommissioun, déi ware ganz konstruktiv an ech mengen, wéi den Här Clement gesot huet - ech hu mer dat séier opgeschriwwen -: „d'Schold läit sécher net eleng bei deem heite Bauteminister". Deen heitege Bauteminister huet a senger Funktioun als Bauteminister absolut keng Schold ze droen un deem, wat deemools entstanen ass, mä et misst ee mol kucken, wéi d'Stad Lëtzebuerg deemools zu deem Projet gestanen huet.

Fait ass, datt, wéi mer d'Gesetz vum 6. Abrëll 1999 hei gestëmmt hunn, mer ee Projet ofgeseent hunn, deen net fäerdeg war. Deen - an ech menge bal fatal schonn zu deem doten Zäitpunkt - vill Froen opgelooss huet a Froen, déi een deemools virum Ofstëmme vun deem Projet scho bestëmmt zu engem gewëssenen Deel hätt kënne beäntwerten, an dee Projet hei ka schonn exemplaresche Charakter kréien; en huet es schonn.

Ech hunn och déi Interventiounen nogelies vun de Kolleegen am Joer 1999. D'Diskussiounen hu sech deemools haaptsächlech gedréit ëm den Emplacement vun de Geriichtsgebaier, den Hellege-Geescht ass duergestallt gi vun enger Säit als ideale Site mat engem Terrain vun engem Hektar 79 Ar, an ech hat awer d'Impressioun, datt an den Diskussiounen an an der Approche, déi verschidde Leit zu deem Projet haten, nach ëmmer d'Alternativen eng grouss Roll gespillt hunn.

Zum Beispill huet den CSV-Spriecher, den Här Mosar, och vun aneren Alternative geschwat, mä virun allem den Här Rippinger huet déi Alternativen opgezielt, déi fir d'Stad Lëtzebuerg an deem dote Fall déi besser gewiescht wären an d'Madame Brasseur huet se och genannt, et war fir d'éischt de Kierchbierg a si huet wuertwiertlech gesot: „Dat wär eng gutt Léisung gewiescht."

Den Här Rippinger huet och vun der Stäreplaz geschwat, hien ass kaum agaangen op déi historesch Komponent vun deem Projet, mä dat huet den Här Mosar gemaach. Den Här Mosar huet ganz däitlech opgezielt, wéi wichteg déi do Plaz fir d'Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg wär. Hien huet vum Klouschter geschwat an ech stelle mer ganz eeschtlech d'Fro bei deem Site do - wou am Fong d'Wéi vun der Stad Lëtzebuerg oder e gudden Deel dovu war -, ob een do net hätt kënne Sondagë maachen an deemools scho festleeën, fir dat Klouschter ze erhalen. An d'Madame Polfer war guer net esou negativ vis-à-vis vun deem dote Projet agestallt. Si huet - ech zitéieren - gesot, si huet ugekënnegt: „datt gegebenefalls Adaptatioune virgeholl géifen". Dat ass wuertwiertlech esou; also et war keng katastrophal Vernichtung vun deem Projet duerch d'Madame Polfer.

Nom Vote vum Gesetz ass dann dunn de Projet nodréiglech an d'Mille komm - a verschidde Millen -, éischtens vun der Stad Lëtzebuerg, déi mat der Envergure vun deem Ganzen net d'accord war. D'Stad Lëtzebuerg ass - soulaang ech an där Travaux-publics-Kommissioun sinn, ëmmer en onbequeme Verhandlungspartner souwuel fir de Stat wéi och fir d'Chamber. Ech erënneren un déi Etüden, déi operluecht gi sinn, wéi mer d'Maison Printz als Siège vun der Chamber bestëmmt hunn, wéi mer d'Étude fine gemaach hunn. An och hei mussen im Nachhinein d'Konsequenze gedroe ginn, déi ee vläicht am Virfeld hätt kënnen aus der Welt schafen. D'ICOMOS ass opgetrueden, d'UNESCO ass komm. Wien hat se geruff, wien hat se esou spéit geruff?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- De Bauteminister.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- De Site war bekannt, jidderee wosst, wat do wär a jidderee wosst, wat de Patrimoine mondial wäert ass fir Lëtzebuerg, fir d'Stad Lëtzebuerg a fir d'Lëtzbuerger Land iwwerhaapt. D'UNESCO ass ganz einfach vill ze spéit ageschalt ginn. Déi Kettereaktioun gëtt dann och vum Statsrot opgewisen a wann een de Projet 2005 kuckt, huet en am Ganzen nëmme 650 m² méi par rapport zu deem Projet vun 1999; e kascht 25 Milliounen Euro méi.

Wouduerch? Éischtens - de Rapporteur huet et gesot -, datt de Projet net huet dierfen iwwert d'Zone protégée oder op d'Zone protégée erausgräifen. Et huet alles misse kondenséiert ginn, nei iwwerschafft gi mat neien techneschen Implikatiounen. An drëttens dann, d'Vestigë vum Klouschter sinn integréiert ginn an de Projet.

Ech wëll prinzipiell dat hei festhalen: Et ass jo esou, datt den Denkmalschutz zu Lëtzebuerg eng immens Roll gespillt huet an eng immens Roll spille muss, mä wann een esou Projeten huet wéi deen heien - an et ginn der och op den Dierfer an et ginn der och op anere Plaze vum Land -, da muss ee sech d'Fro stellen, ob net am Virfeld verschidde Froe geklärt musse ginn, an ob de Musée, respektiv Sites et Monuments am Virfeld musse kontaktéiert ginn. A wann dat iwwert d'Kompetenze vu Lëtzebuerger Instanzen erausgeet, datt een um Niveau mondial, um Niveau UNESCO muss operéieren. An dann ass et ëmsou méi wichteg, datt d'Prozeduren ageleet ginn, well da kënnt een esou Dérapagen, wéi dat hei, an d'Fro nom Oflaf, d'Fro nom Verloscht vun der Zäit vermeiden.

Ech mengen et kann een dem Robert Goebbels alles ënnerstellen, mä awer net e gesonde Realismus.

(Interruptions)

An dësem Fall war et scho realistesch fir eng Bauzäit virzegesinn. Allerdéngs konnt hien net virausgesinn, datt déi nei Erkenntnisser an déi nei Décisiounen eben zu deem Zäitverloscht hu missen noutgedronge féieren.

(Interruption)

Et ass Zäit verluer gaangen, et kascht ganz vill Geld an et bleift zum Schluss dann de Wonsch, datt si awer och am Joer 2007 fäerdeg gëtt - déi grouss Cité judiciaire - an datt se grouss genuch ass fir alles opzehuele wat am Kader vun der Lëtzebuerger Justiz muss fonctionnéieren an optimal muss fonctionnéieren.

An zum Schluss dann d'Fro, déi an der Kommissioun gestallt ginn ass, eng wichteg Fro fir d'Stad Lëtzebuerg, eng wichteg Fro awer och fir de Lëtzebuerger Stat: Wat geschitt mat deem ale Justizpalais, dee jo net nëmmen historesch wäertvoll ass, mä garantéiert awer och architektonesch wäertvoll ass?

Firwat ass en architektonesch wäertvoll? Well en e puer Jorhonnert oder 150 Joer virun der Cité judiciaire gebaut ginn ass.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Éier ech der Madame Loschetter d'Wuert ginn, wollt ech rappeléieren, datt d'Gesetz vum 6. Abrëll 1999 iwwert d'Cité judiciaire gestëmmt ass an datt et a Kraaft ass, an datt mer haut e Projet stëmme wou et drëm geet den Artikel 2 vun deem Gesetz ofzeänneren. Dat gesot, géif ech der Madame Loschetter d'Wuert ginn.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Wat wollt Der domat soen, Här President?

(Interruption)

M. le Président.- Iwwerleet mol eng Kéier ganz schaarf, Här Mehlen!

Sou, d'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President, duerfir wëll ech mech och op dat beschränken…

M. le Président.- Dat ass ganz luewenswäert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Voilà.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass lech bestëmmt och schonns eng Kéier geschitt, datt Dir an d'Vakanz gefuer sidd, well Dir eppes gebucht hat, an da kommt Dir do un an Dir kritt net dat, wat eigentlech gebucht war. Stellt lech eng Famill vir mat véier Kanner, déi an den Hotel kënnt, dräi duebel Zëmmer gebucht hat, der awer nëmmen zwee kritt, an dann nach muss e ganzen Dag waarden, bis se dann endlech kann an hir zwee fräi Zëmmere goen. Genau dat geschitt - an enger anerer Versioun - op der Cité judiciaire um Helleg-Geescht.

De ganze Projet huet missen e bëssen eriwwer gedréckt gi fir aus der Zone tampon erauszekommen. De SCAS kritt eréischt e Gebai an den Archiven, wann d'Archiven op Esch/Belval kommen, dofir ginn d'Archiven an de Parking, an de Parking gëtt e Stack méi déif vergréissert zu gudder Lescht, well zu gudder Lescht d'Vestigen aus engem Klouschter aus dem 13. Jorhonnert och nach do entdeckt ginn sinn, wou eigentlech virdun de Parking sollt kommen.

Voilà, dat alles e bësselchen iwwerspëtzt - ech ginn et gären zou -, mä esou ongeféier ass dee gestëmmte Projet readaptéiert ginn an eben och seng Adaptatioun oder säi Budget - et ass eigentlech effektiv keng richteg Adaptatioun. An esou ongeféier gesäit och d'Situatioun um Chantier de Moment aus, wou een nëmme kann hoffen, datt d'Aarbechte gutt a séier viruginn, ouni dass engem eppes geschitt, well dee Chantier ass extrem enk, well alles extrem enk do ass an d'Aarbechten an d'Maschinne si quasi een op deem aneren.

Just eng ganz kuerz Bemierkung: Mir waren als Gréng och ëmmer der Meenung, datt den drëtte Pouvoir endlech misst adequat Aarbechtskonditioune kréien an dass déi aktuell Situatioun onerträglech wier. Mä mir waren ni ganz waarm fir dee Site um Hellege-Geescht, net nëmme wéinst de Schwieregkeete betreffend dem Patrimoine mondial. Mir fannen och nach haut, datt et eng schlecht Planung ass, fir eng vun deene leschte grousse Plaze vun der Stad zouzemaachen.

Et ass schued dass et déi Plaz ass, déi elo mat Büroe gefëllt gëtt, déi um sechs Auer eidel sinn. A virun allem ass et eng Plaz, an dat ass eppes wat eigentlech och deen heite Projet de loi eppes ugeet, déi net ausbaubar ass. Nom Avis vun der UNESCO recommandéiert ee vun hiren Experten - an ech zitéiere just dat hei, Här President, wann Der erlaabt -, den Här Jantzen: «la solution la plus compatible avec l'inscription sur la liste du patrimoine mondial serait la recherche d'un autre emplacement pour la construction de cette cité judiciaire. Le plateau St-Esprit pourrait alors connaître un développement en rapport avec ce qu'il représente dans l'histoire de la ville, ceci dans le respect des vestiges qui s'y trouvent et des récentes découvertes archéologiques révélées par les fouilles.»

D'Stad Lëtzebuerg an de jëtzege Buergermeeschter, de Paul Helminger, haten en alternative Site proposéiert op der Rocade de Bonnevoie, an de gréngen Deputéierte Robert Garcia hat souguer zu dëser alternativer Propositioun eng Proposition de loi an deem Sënn eragereecht.

D'Propositioun vum Site op der Rocade de Bonnevoie wier eng eigentlech „win-win"-Situatioun gewiescht. Si wier direkt ëmsetzbar gewiescht. D'Plaz wier ausbaubar gewiescht. Et hätt sënnvoll zu enger iwwerluechter Stad- a Landesplanung bäigedroen. An den drëtte Pouvoir wier nëmme knapps 300 Meter vun deenen aneren zwee Pouvoiren ewech. A mir hätten d'Plaz um Hellege-Geescht kënne behalen, fir eng flott a convivial Plaz draus ze maachen.

Mä et sollt net esou kommen. Et sollt komme wéi deen deemolege Bauteminister dëst an der Chamber zur Ofstëmmung eragereecht hat, esou wéi de President hei elo schonn drun erënnert huet.

De Projet ass esou ëmgeännert gi mat der eenzeger Suerg, aus der Zone tampon erauszekommen an eben och eng Léisung fir d'Krypta ze fannen. An doduerch ass dann och dee Präis ëmgeännert ginn.

An engem Sënn vu Logik, esou wéi dat och scho virdrun hei ugeklonge war, wäert déi gréng Fraktioun sech dann och haut enthalen, well se sech - aus deene Grënn, déi ech dofir kuerz rappeléiert hunn, Här President - och bei deem éischte Vote enthalen hat, an domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech hu gemengt aus enger vun Äre Remarquen erauszehéieren, datt Der ongedëlleg wäert fir bei de Projet vun der Nordstrooss ze kommen. Et léisst sech awer net évitéieren, e puer Wuert zu dësem Projet a virun allem zu den Ursaache vun dësem Projet ze soen.

Et ass ee vun deene Projeten, wann net de Modellprojet, deen ee kënnt als Beispill huelen dofir, wéi een et net soll maachen.

Mir hunn hei eng Iwwerschreidung, rëm eng Kéier méi, déi notabel ass; wann ech richteg gerechent hu 26,15% par rapport zum Projet initial. 26 Milliounen Euro oder 104 Millioune Frang, fir déi déi nach méi gewinnt si mat de Frangen ze rechnen.

D'Erklärunge fanne mer am Rapport. Ech wëll dem Rapporteur bei där Geleeënheet och Merci soe fir seng Explikatiounen. Mä d'Ursaachen, fir aus de Feeler ze léieren - et ass bekannt an ech wëll net bis an d'ganz Genèse vun deem Projet hei erëm zréckgoen; do kéint ee wahrscheinlech e Buch driwwer schreiwen. De politeschen Hickhack tëscht Parteien, och vläicht tëscht politesche Responsablen, iwwert de Standuert Plateau St-Esprit, et ass elo grad gesot ginn, Rocade de Bonnevoie, Stäreplaz - den ADR hat deemools éier eng Preferenz fir op d'Stäreplaz ze goen, och fir deen Deel vun der Stad doduerch opzewäerten. Et ass awer herno de Site vum Plateau St-Esprit zréckbehale ginn.

Här President, Dir sidd mer net béis wann ech awer hei aus där Sitzung d'Ministesch vun den öffentleche Bauten zitéieren. Et war eng Heure d'actualité, déi op Initiativ vu mengem Fraktiounskolleeg Jacques-Yves Henckes gefrot gi war, an zwar den 10. Oktober 2001. Do huet d'Madame Bauteministesch gesot: „D'Chamber hat an deem Ablack, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, schonn eng kritesch Approche zum Projet. Mä si huet awer, trotz der kritescher Approche, de Projet gestëmmt. D'Deputéierten hunn expressiv verbis gesot, de Site géif hire Virstellungen zwar net entspriechen, mä si géifen de Projet awer stëmmen." Dat ass effektiv d'Realitéit. Et war aus enger Situatioun vun Zäitnout eraus - well jiddferee gesinn huet, datt eppes misst geschéien -, wou gesot ginn ass: Jo, da musse mer alt zoustëmmen, och wa mer net frou domat sinn.

Mir gesinn haut, wéi falsch datt et war. Ech kann nëmmen ënnersträiche wat anerer viru mir och scho gesot hunn: Wann een op esou eng Plaz geet, da weess een, datt een op Vestigë stéisst. Wann een op esou eng Plaz geet, déi deelweis scho verbaut ass - ech erënneren un de Parking -, da weess een, datt een zousätzlech op Schwieregkeete stéisst. Mir hunn dat elo gesinn, wéi mer de Site besicht hunn. Wéi do gewullt gëtt, wéi do getässelt gëtt, fir iergendwéi laanschteneen ze kommen.

Mir mussen elo a Kaf huelen, datt de Parking net esou grouss gëtt wéi e geplangt war, wat herno ganz sécher, wann dat Ganzt bis fonctionnéiert, och nach zousätzlech zu Schwieregkeete féiert.

Et ass um falsche Site gebaut ginn. Et koum derbäi déi Affär vun der UNESCO, wat als Folgen hat, datt d'Plange komplett hu missen, zum gréissten Deel, ëmgeännert ginn.

Et si Contrainten duerch bestehend Gebaier an duerch d'Parkingen, wéi gesot. An dann, fir mech awer e ganz iergerleche Punkt, an deen eis och vill Geld kascht, déi Conservatioun vun deene Vestigë vun deem Klouschter.

Wann een dat alles zesummen hëlt, da versteet een de Conseil d'État wann e seet, eng Kéier méi - ech mengen et ass déiselwecht Formule, déi ëmmer erëm kënnt -: «Le Conseil d'État, s'il peut admettre à la rigueur le caractère imprévu de

certaines dépenses, doit cependant remarquer que le projet sous avis n'est guère compatible avec une conception, préparation et planification sérieuses d'un projet de construction d'une telle envergure.» Dat kann een hei nëmme mat zwou Hänn ënnersträichen.

Ech wollt just zu engem vun deene ganz décke Punkten, déi de Surcoût hei generéiert hunn, e puer Froen opwerfen, an dat ass dat vun där Crypte archéologique.

Ech weess net, wann et fäerdeg ass a mir gesi wierklech wat do läit - wéi gesot, de Moment ass et mat Sand zougeschott -, da muss awer herno - dat meescht wäert jo mam Bagger ewechgeholl ginn -, mä wann et dann erëm un dat Rengt geet, da muss erëm mam Läffelchen do geschafft ginn. Mir hunn alt gemengt, vläicht wieren e puer Riichter esou gnädeg, deen een oder deen aneren en pénal dozou ze condamnéiere fir do mam Läffelchen zäitweileg ze wudderen. Da wier déi Aarbecht net och erëm eng Kéier op Käschte vum Contribuable.

Mä de Spaass op d'Säit, et muss ee sech mam Conseil d'État d'Fro stellen: War dat do wierklech néideg? Wann ee gesäit, wat fir e baulechen Opwand datt dat bedéngt, fir datt een herno e puer Grondmaueren - well vill méi ass net do - gesäit.

Hätt een do net awer kënne mat Opnahmen a mat virtueller Duerstellung, wéi et fréier war - dat mag och elo nach geplangt sinn, ech weess et net -, trotzdeem deene Leit, déi dat hätte wëlle kucken, wierklech alles weise wat fonnt ginn ass an en och eng Impressioun ginn iwwert dat wéi et fréier mol war, ouni dee gewaltegen Opwand? Well deen Drock vun deene Gebaier, déi uewen eriwwer stinn, dee muss jo op de Fiels ënnen ofgedroe ginn, ouni datt dat, wat dann archeologesch do sollt en valeur sinn, däerf tangéiert ginn; an dat ass eng onméiglech Geschicht.

Et ass eppes, wann déi Obligatioun net bestanen huet, an aus der Dokumentatioun, wann een dat noliest, geet ervir, datt keng Obligatioun bestanen huet. D'Madame Hennicot seet: „Et ass nämlech esou, déi Avisë vun der ICOMOS sinn Avisën, déi fir d'UNESCO gemaach gi sinn."

Et huet awer kee vun där doter ONG d'Kompetenz fir amplaz vun der UNESCO ze schwätzen. An et geet och ganz kloer doraus ervir, datt et keng Obligatioun war fir dat doten ze erhalen.

An deem Punkt, a besonnesch well et esou deier gëtt, fanne mir et jiddefalls net richteg, datt d'Chamber net am Virfeld gefrot ginn ass, ob et misst konservéiert ginn oder net. Well, éierlech geschwat, et bréngt wahrhafteg net vill.

Ech wëll och nach drop hiweisen - an dat ass och eppes, wat eis stéiert -, datt mäi Fraktiounskolleeg Jacques-Yves Henckes den 23. Juli 2001 eng Question parlementaire gestallt hat, wou en op eng Fro iwwert den Avis vun der UNESCO, wat fir eng Suiten dass dat hätt, als Äntwert kritt huet: «L'avis de l'UNESCO est un avis consultatif, le Plateau du St-Esprit étant situé dans la zone tampon de la délimitation du patrimoine mondial. Il n'en découle pas de conséquences financières.» Esou ass nach de 7. August 2001 geäntwert ginn. Dat stëmmt net! Deen huet enorm «conséquences financières», an och do muss een da soen, datt d'Regierung vis-à-vis vun der Chamber, oder engem Vertrieder vun der Chamber, net éierlech war.

Här President, och mir gesinn, datt hei muss den zousätzleche Kredit gestëmmt ginn. Dee Projet muss fäerdeg gemaach ginn. Mir sinn nach wie vor net glécklech driwwer. Et ass net déi richteg Plaz. Et wäert, wann d'Justiz weiderhi Plaz brauch, ganz geschwë schonn erëm enk do ginn. Et ass verkéierstechnesch net glécklech. Mä et ass ugefaangen, et muss fäerdeg gemaach ginn.

Awer Compte tenu vun deem, wat ech elo gesot hunn, vun där deelweiser net Korrektheet vun der Regierung vis-à-vis vun der Chamber, wäerte mir eis, fir eise Protest dergéint auszedrécken, trotzdeem bei dësem Projet enthalen an der Majoritéit d'Verantwortung iwwerloossen, fir hei dee Kredit ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo d'Regierung, de Bauteminister Claude Wiseler. Här Wiseler!

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Wéi ech virun e puer Méint an deem Büro vun den Travaux publics ugefaangen hunn, hunn ech effektiv de Point gemaach wou mer op deenen eenzelne Projete géingen dostoen a gemengt, et wär wichteg, direkt, esou schnell wéi méiglech mat der Chamber dee Kontakt ze kréien, deen ech och wëll an deenen nächste Jore mat der Chamber hunn, an do d'Analys vun deene grousse Projeten ze maachen.

Mir haten der eng Rei, déi Problemer gestallt hunn. Mir hunn der och schonn eng Rei an der Chambers-kommissioun duerchdiskutéiert an och eng Rei hei am Plenum gestëmmt. Dat sinn: de Rond-point Märel, Gaasperech, d'Concertshal. Mir hunn elo d'Route du Nord an d'Cité judiciaire haut nach um Programm. All déi Diskussiounen an déi Konklusiounen, déi mer doraus gezunn hunn, hu mer an enger Diskussioun gezunn, déi ech awer an deene leschte Méint appréciéiert hunn, well se konnt eng ganz konstruktiv Diskussioun ginn, gradesou wéi haut. Dofir wëll ech souwuel der Travaux-publics-Kommissioun wéi der Commission de l'Exécution budgétaire an dem Här Marcel Sauber als Rapporteur villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi se fir haut gemaach hunn.

D'Madame Brasseur huet esou léif virdru gesot, datt een als Bauteminister Freed hätt, vill Bännercher duerchzeschneiden, op där anerer Säit awer heiansdo dann och déi schwéier Tâche huet, esou wéi haut an d'Chamber ze kommen. Ech muss awer soen, ech schneide vill méi Bännercher duerch wéi ech esou Texter an der Chamber maachen, an domat wëll ech soen, datt eng ganz Rei vun deene Projeten, déi mer maachen, déi mer exécutéieren, och Projete sinn, wou mer net brauchen erëmzekommen, Projete sinn, déi am Kader vum Budget lafen, a Projete sinn, déi korrekt an der Exekutioun esou lafe wéi se solle lafen.

Dat wollt ech awer eng Kéier soen, well et kënnt ëmmer d'Impressioun op heibannen, an der Press, wéi wann all Projet aus dem Rudder géing goen. Dat ass net richteg! Dat sinn déi, déi mer elo hei genannt hunn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Schhhhh!

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*- …an et sinn haaptsächlech Projeten - an dat muss een awer och gesinn -, déi en exzeptionelle Charakter hunn. D'Concertshal ass net egal wat fir ee Gebai. Esou eent hu mer nach net gebaut, esou eent baue mer och net méi. D'Cité judiciaire, déi mer elo hei hunn, ass trotzdeem eng aussergewéinlech Konstruktioun op enger aussergewéinlecher Plaz. Datt mer esou eng an deenen nächste Jore maachen, géing mech wonneren. Dir géingt lech jo souwisou iergere wa mer nach eng esou géinge maachen, mä ech mengen, souwisou maache mer keng esou méi, well et ass exzeptionell, et ass en uniquë Bau, an d'Nordstrooss brauch ech net ze beschreiwen an do schwätzen ech duerno och nach eng Kéier driwwer.

D'Zuel vun deene Projeten, déi korrekt ausginn, ass onwahrscheinlech vill méi grouss wéi déi, wou mer Problemer hunn, an ech soen nach eng Kéier hannendrun, ech denken, och wa mir eis nei Prozedure ginn, wou ech nach gären e Wuert duerno driwwer soen, ass dat net esou, datt mer net am Bau Problemer wäerte kréien. De Bau ass nun einfach eppes wat een esou vill Joer am Viraus net ka mathematesch ausrechnen, op den Euro près wat et kascht, sou datt déi Diskussioune wäerten an der Chamber och nach an Zukunft opkommen.

Ech menge just, datt mer hinnen an Zukunft mussen e Kader ginn, wou se an engem anere Rhythmus, op eng aner Aart a Weis ofgewéckelt ginn, wou d'Diskussioun kann anescht lafen a wou mer se kënnen anescht an de Grëff kréien. Dat ass mäi Wonsch, an dat ass och dat wat ech mengen datt mer kënnen erreeche mat deene Propositiounen, déi mer zesummen ausgeschafft hunn.

Et muss ee wëssen, datt dee Projet vun der Cité judiciaire, esou wéi en do läit, 1994 ausgeschafft ginn ass, an datt mer do d'Finalisatioun vum Programme de construction gemaach hunn. 1994, mir sinn elo 2005! Den Avant-projet sommaire ass 1998 gemaach ginn, an de 6. Abrëll 1999 ass de Gesetzesprojet gestëmmt ginn.

De President huet virdru gesot, mir géingen net méi iwwert dee Gesetzesprojet schwätzen, mä just iwwert d'Ëmännerungen dovunner. Dat ass richteg. Dofir ginn ech och net haut op all déi Diskussiounen an, déi den Emplacement uginn. Mir sinn haut amgaangen do ze bauen. Wann Der erausgitt an Dir kuckt et, wéi héich mer do sinn, dofir mengen ech sinn dat Diskussiounen, déi haut zwar ëmmer nach kënne gefouert ginn, wou déi eng et regrettéieren, déi aner et gutt fannen, mä ech féieren se net, well dat ass net meng Missioun.

Meng Missioun ass, esou schnell wéi méiglech, esou bëlleg wéi méiglech an esou korrekt wéi méiglech dee Bau hei fäerdeg ze kréien. Dofir wëll ech net iwwert d'Philosophie vun den Architekte schwätzen. Ech menge par contre, datt all déi Diskussiounen, déi mer drëm hate sengerzäit an déi zu dësen Änderunge gefouert hunn, an déi och haut dann den Objet vun deem Projet sinn, all déi Diskussiounen, déi Diskussioune mat der UNESCO, déi Diskussiounen, déi mer mat der Stad Lëtzebuerg gefouert hunn,…

(Coups de cloche de la Présidence)

…de Projet awer verbessert hunn, an datt mer haut an engem Projet sinn, wou ech muss soen, datt en, mat deenen Oplagen, déi d'UNESCO gemaach huet, op där Plaz awer Sënn mécht.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et muss een och soen, datt mer dee Projet hei - an ech ka mech drun erënneren, well ech déi Zäit souwuel an der Stad Lëtzebuerg am Schäfferot war wéi an der Commission de l'Exécution budgétaire -, datt mer déi Diskussiounen hei matenee gefouert hunn. Ech ka mech erënneren un déi Sëtzunge vun dem 25. September 2001, dem 17. Dezember 2001, wou meng Virgängerin, d'Madame Hennicot, an der Chamber war an am Detail mat enger grousser Powerpoint-Presentatioun genau virgestallt huet, wat dann elo d'Demandë vun der UNESCO waren, wat dann elo d'Demandë vun der Stad Lëtzebuerg waren, wat huet misse geännert ginn, fir den Accord ze kréien, a wéi dee Projet an Zukunft géing ausgesinn.

Also Informatiounen, muss ech soen, un d'Chamber an där ganzer Prozedur, an deene ganzen Ëmännerungen, ware schonn do, déi dann zu deem Projet gefouert hunn an déi och dem Bau, deen den 3. Dezember 2002 ugefaangen huet, zugrond geluecht si ginn.

Elo ass et natierlech esou, datt haut gesot gëtt, all déi Diskussiounen do, dat ware just Informatiouns-, mä keng Décisiounsdiskussiounen. Ech wëll awer nach drun erënneren, datt déi Zäit déi ganz Diskussioun ganz anescht gelaf war, well een nach keng Modalitéiten hat, wéi een da géing no engem Gesetz Décisiounen huelen, déi dee Projet géingen esou ëmänneren. Dat war trotzdeem eppes anescht, trotzdeem eppes Neies, d'Prinzipië waren net do, wéi et soll lafen, war net décidéiert, war net definéiert.

Well ech déi Problemer jo awer gesinn a well ech och déi Schwieregkeeten, déi eng Commission de l'Exécution budgétaire kann hunn, duerchaus verstinn, hunn ech einfach drop gehalen, datt mer eis géingen zesummen eng Prozedur ginn, wéi mer an esou Fäll handelen, an datt ee weess wat dann elo soll gemaach ginn, muss gemaach ginn, wéini wat fir eng Décisioun vun der Regierung, vun der Chamber soll geholl ginn, fir datt mer dat alles an Zukunft an engem korrekten, an engem uerdentleche Kader wëllen a kënnen oflafe loossen.

Mir hunn och aus deem Projet hei eng Rei Saache geléiert. Ech weess just net, ob déi Léieren duerno eis esou an der Realitéit ëmmer all Problem aus dem Wee raumen. Mä wat hu mer doraus geléiert? Mir hunn doraus geléiert, datt déi grouss Transformatiounen, wa mer se maachen, nodeem datt e Gesetzesprojet gestëmmt ass, eis ëmmer wäerte finanziell Problemer bréngen. D'Léier ass also kloer déi: All déi Etüde musse virdru gemaach ginn, all déi Autorisatioune musse virdru gefrot ginn, an dofir muss de Gesetzesprojet net an där doten Etapp, mä vill méi spéit gestëmmt ginn, fir datt mer genau wëssen, datt mer net an déi dote Problemer kënnen erakommen, nodeem datt mer e Gesetzesprojet gestëmmt hunn. Dat wäerte mer och probéieren ze maachen.

Ech soen awer och, ech sinn net sécher, ob dat do ëmmer esou geléngt. Well ech ka mer ganz gutt virstellen, datt, nodeem datt e Bau ugefaangen huet, awer Froen, Problemer nach ëmmer kënnen optauchen - wat ënnert dem Buedem läit, wësse mer jo net ëmmer, dat ass ee Beispill -, déi awer nach déi eng oder déi aner Décisioun wäerten a Fro stellen, an déi eng oder aner Décisioun muss kënnen nei geholl ginn. An da soen ech, wa mer probéieren dat esou vill wéi méiglech ze évitéieren, da muss een dee Moment, wou een et net kann évitéieren a wou eng Noutwennegkeet do ass, awer och kloer sech sinn, wéi een dann an der Chamber handelt fir ze kucken, datt een dat normal a korrekt op de Wee kritt.

An dofir hu mer jo an deene Prozeduren, déi mer eis definéiert hunn, festgeluecht, datt mer géingen higoen an an engem fréie Plang, da wann d'Décisioun nach net definitiv ass, d'Informatioun vun der Chamber maachen an dann och der Chamber d'Méiglechkeet ginn, zu engem Moment wou den Neen nach méiglech ass, Jo oder Neen zu deenen dote Saachen ze soen.

Dat ass also och eng méi grouss Responsabilisatioun vun der Chamber an enger Etapp wou Décisiounen nach méiglech sinn. An ech sinn u sech e Befürworter vun där doter Prozedur, well se eng Transparenz an déi ganz Prozeduren erabréngt a well se eis eng Kollaboratioun zesumme mécht wou duerno dat alles kann an engem ganz anere Kader oflafen. Dat waren déi puer Saachen, déi ech heizou wollt soen.

Et sinn e puer Froe gestallt ginn, zum Beispill déi vun de Statsarchiven, wou mer do dru sinn. Well d'Statsarchiven, wa se frësch zu Belval gebaut gi jo dann och eng Influenz hunn iwwert déi Extentiounsméiglechkeeten, déi mer wäerten hu fir d'Cour hei. Do ass, hoffen ech, d'Äntwert, datt mer och kënnen am Joer 2006 mat de Statsarchiven op Belval ufänken; dee Projet de loi ass fäerdeg.

Et muss ee just wëssen, datt mer gefrot hu fir ze kucken ob et méiglech wier, well déi Statsarchiven eng relativ grouss Extensioun hunn a se geplangt si fir 15, 20 Joer, an enger éischter Etapp nach en Deel vun der Universitéitsbibliothéik, déi sur place ass, dran ze bréngen oder net. Dat ass gekuckt ginn. Déi Décisioun ass nach net geholl, mä déi Décisioun ass elo prett fir geholl ze ginn. Soubal mer déi Décisioun geholl hunn, kann dann och dee ganze Projet hei an d'Chamber kommen, hei an der Chamber décidéiert ginn an dann och weiderlafen.

Wéi gesot, dat ass eng Décisioun, déi nach hei an d'Chamber kënnt an déi dann och hei an der Chamber kann diskutéiert, kommentéiert an zu engem Deel sécherlech mat influenzéiert a mat décidéiert ginn. Dat ass déi éischt Äntwert.

Ech sinn awer - well ech net esou si wéi den Här Goebbels, Optimist - éischter ganz virsiichteg a mengen Aussoe vun Datumen a wëll hei den Datum net virgi wéini déi Gebaier dann elo fäerdeg sinn. Ech soen lech, ech hoffen, datt mer se am Joer 2006 mam Fonds Belval kënnen ufänken an da brauch dat déi normal Baudauer, déi een ebe muss hunn, ier een esou e Gebai ka fäerdeg stellen, wann dann näischt virkënnt, wat eis géing Problemer stellen.

(Interruption)

Méi wëll ech net soen, well ech einfach virsiichteg sinn a well net nëmmen déi Problemer kënne virkommen, déi mer hu wann am Buedem eppes läit, mä well mer och bei all Soumissioun, déi mer erausginn, hoffen, datt dann net ee reklaméiert an datt mer net eng Geriichtsprozedur kréien, also datt mer net gebremst ginn an dofir ass et bal onméiglech definitiv Datumen an deenen dote Projeten ze ginn.

Et ass en aneren Délai, deen hei gefrot ginn ass, deen awer direkt mat der Cité judiciaire zesummenhänkt, dat ass deen, wéini dann déi Cité judiciaire fäerdeg ass. Mir denken, datt mer Enn 2007 esou wäit sinn. Awer ëmmer nëmmen - an da maachen ech och do d'Klammer -, wann all Soumissioune richteg lafen, wa mer net op aner Problemer stoussen, ass dat deen normalen Terminkalenner, dee mer elo hunn, esou datt ee kann dovunner ausgoen, datt d'Plënneraktioun kann am Joer 2008 stattfannen, mat alle Reserven, déi ech ëmmer umelle fir all Imprévuen, déi ebe beim Bau dra sinn.

An dann déi lescht Fro, déi Der hat: Wat ass mat dem Palais vun der Cour de Justice geplangt? Einstweilen ass nach keng definitiv Décisioun doriwwer geholl, wat mat deem Palais dann ze geschéien huet. Déi Décisioun ass nach op. Déi muss nach geholl ginn.

Voilà, ech mengen ech hunn elo op déi Froe geäntwert, déi gestallt waren. Ech soen lech alleguer nach eng Kéier villmools Merci fir déi konstruktiv Décisioun an deen hoffentlech positive Vote, deen dann elo kënnt. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank

(par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen).

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum leschte Projet de loi fir haut, déi budgetär Upassung beim Bau vun der Nordstrooss. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Calmes, den Här Diederich, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes.

6. 5477 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer de Bléck zréck an de Juli 1997 riichten, da blécke mer och zréck op den Ofschloss vun enger dach emotionaler Debatt. Eng Debatt, déi schonn Enn der 60er Joren, genau gesot 1967, hiren Ufank fonnt hat. Et géing u sech elo ze wäit féiere wa mer nach weider an der Lëtzebuerger Stroossebaugeschicht zréckbliedere géifen, mä just vläicht zur Informatioun, et gouf schonn an der Zäit virum Zweete Weltkrich an etlechen Etüden driwwer nogeduecht, wéi een eng Stroossenubannung an den Norde kënnt realiséieren.

Am Fonds-des-Routes-Gesetz vum 16. August 1967 ass ënnert dem deemolege sozialistesche Bauteminister Albert Bousser festgehale gi fir eng Strooss ze bauen, déi ënner anerem Lëtzebuerg mat Ettelbréck soll verbannen. Spéiderhin am Programme directeur vum 6. Abrëll 1978 mam Titel «Aménagement du territoire et développement du réseau routier» ass nozeliesen:

«L'autoroute Luxembourg-Ettelbruck-Diekirch est nécessaire à l'amélioration et au développement de la région nord du pays, au soutien du centre de développement et d'attraction d'ordre moyen Ettelbruck-Diekirch, au pôle Bissen-Colmar-Berg ainsi qu'à l'amélioration des conditions de trafic et de résidence dans la zone urbaine et dans la vallée de l'Alzette.»

A bei der Revisioun vun dësem Programme directeur am Joer 1988 ass weiderhi festgehale ginn:

«La Route du Nord a toujours été considérée comme l'épine dorsale du trafic entre l'Oesling et le Centre…»

Wat duerno komm ass, Dir Dammen an Dir Hären, waren an den 80er an an den 90er Joren eng Rei vun Etüden, déi verschidde Varianten duerchgespillt haten an déi der Regierung virgeluecht gi sinn. Den 19. Mäerz 1992 huet d'Chamber sech mat enger 2/3-Majoritéit fir d'Ostvariant vun der Nordstrooss décidéiert, wat schlussendlech zum Dépôt vum Gesetzesprojet 4037 gefouert huet iwwert d'Ëmännerung vum Fonds-des-Routes-Gesetz an dunn zum Projet de loi 4263, deen den 9. Juli 1997 an der Chamber gestëmmt ginn ass an deen d'Regierung habilitéiert huet, fir déi sou genannten Nordstrooss ze bauen; mat engem Käschtepunkt, dee sech deemools op ronn 15 Milliarden aler Frang belaf huet.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Et wat eng hëtzeg Diskussioun an der Öffentlechkeet, déi eist Land riskéiert huet ze dividéieren zwëschent Norden a Süden, Osten a Westen. Dat geet och aus deenen interessante Chambersdebatte vun deemools ervir, wou zum Beispill bei engem fréiere Member aus der CSV-Fraktioun zum Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert de Bau vun der Nordstrooss nozeliesen ass:

„Ech mengen, jiddereen, deen heibannen ass, muss verstoen, dass eis Matbierger aus dem Norden, mä net nëmme si, och d'Awunner aus dem Uelzechtdall, net kënnen novollzéie firwat d'Nordstrooss ëmmer annoncéiert awer ni gebaut ginn ass. Ech wëll hei souguer behaapten, datt déi betraffe Leit heiansdo d'Impressioun haten, datt grad just hir Revendicatiounen net eescht geholl gi sinn.

An deenen 30 Joer, wou iwwert d'Nordstrooss geschwat ginn ass, ass hei zu Lëtzebuerg e modernt Stroossennetz geschafe ginn, wat alle Regiounen zegutt komm ass. Et stellt ee fest, datt do wou en développéiert Stroossennetz besteet, d'Wirtschaft e Sprong no vir gemaach huet. Et däerf een drun erënneren, datt an deene leschte Joren d'Collectrice du Sud fäerdeg gestallt ginn ass, eng Autobunn op Arel an eng op Tréier gebaut gi sinn, eng Schnellstrooss op Saarbrécken hei an der Chamber gestëmmt ginn ass an am Moment a Konstruktioun ass. Un dëse Stroossen, déi jo mat Statsgelder finanzéiert goufen, hu sech och d'Awunner aus dem Norden an aus dem Uelzechtdall finanziell bedeelegt.

An dësem Kontext mengen ech, datt d'Solidaritéit och a Richtung Norde muss spillen. Mir ass net bekannt, datt an der Zäit, wou dës Stroosse gebaut goufen, am Norden an am Uelzechtdall de Sënn an den Zweck vun dëse Stroossen a Fro gestallt gi wier. Dat wier och net richteg gewiescht, well jiddereen hiren Notzen haut kann erkennen."

Dat war en Auszuch aus enger ganz engagéierter Ried vun dem Nico Loes hei op dëser Plaz.

Et war 1997, wéi gesot, eng héich emotionaliséiert Debatt iwwer e Projet, deem seng Nëtzlechkeet haut awer iwwerwiegend net méi a Fro gestallt gëtt. Och wa sech d'Gemidder nach ëmmer net ganz berouegt hunn. D'Nordstrooss bleift eng wichteg Komponent am Entwécklungsprozess vun enger Regioun, déi nach ëmmer eng Rei Strukturschwächten opweist. D'Nordstrooss ass a bleift e Projet mat enger nationaler Envergure, déi sech fir d'Entwécklung vum Land am Allgemengen, mä awer am Norden am Besonnesche wäert ausbezuelen. Déi zügeg Fäerdegstellung vun dësem Projet muss duerfir eng Prioritéit am nationale Stroossebau kréien a behalen.

Dëse Projet gëtt méi deier, an duerfir debattéiere mer haut de virleiende Projet iwwert d'Rallonge budgétaire vun der Nordstrooss, deen den 23. Mee 2005 vum Här Bauteminister Claude Wiseler an der Chamber deponéiert gouf. Den Text ass den 12. Mee un de Statsrot verwise ginn, deen den 21. Juni säin Avis ofginn huet. An der Sëtzung vun der Bautekommissioun vum 1. Juni ass dunn de Rapporteur designéiert an d'Elementer vum Projet analyséiert ginn. Den Avis vum Statsrot konnt an der Sëtzung vum 29. Juni dunn ënnert d'Lupp geholl ginn. Den ofschléissende Rapport vun der Kommissioun ass an der Sëtzung vum 7. Juli 2005 adoptéiert ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, mam virleienden Text gëtt d'Regierung autoriséiert fir weider Aarbechten ze tätegen, déi sech op ronn 229 Milliounen Euro belafen. Et sinn dat Méiausgaben, déi sech an der Haaptsaach duerch d'Evolutioun vum Projet u sech erkläre loossen an déi sech op déi véier Sektioune vum Projet bezéien. An erlaabt mer kuerz fir op déi eenzel Adaptatiounen anzegoen.

D'Dépassementer an der Sektioun 1 resultéieren aus Ëmännerunge bei der Jonctioun Gréngewald mat supplementare Bauaarbechten a virun allem aus der Verbreederung vun der A1 zwëschent dem Echangeur Kierchbierg an dem Sennengerbierg. Dat heescht Aarbechten, déi am initiale Projet net an där Form virgesi waren.

D'Méikäschte vun der Sektioun 2 loossen sech virun allem duerch déi zousätzlech Voie am Tunnel Grouft an duerch deen zousätzleche Sécherheetstunnel op enger Längt vun 80 Meter erklären. Dëst ass ënner anerem d'Äntwert op zousätzlech Sécherheetsmoossnamen, wat ouni Zweifel zu enger verbesserter Sécherheet am Tunnel selwer bäidréit. Zousätzlech Käschten, Dir Dammen an Dir Hären, ginn och duerch Moossnamen op der Héicht vum Grondwaasserspigel an duerch weider elektromechanesch Equipementer verursaacht.

Bei der Sektioun 3 gëtt eng speziell Beliichtung installéiert, fir eng optimal Integratioun an d'Landschaft sécherzestellen.

D'Dépensë vun der Sektioun 4 ginn duerch weider noutwendeg Aarbechten am Génie civil am Gousseler Tunnel complétéiert, an dat virun allem an der Galerie 8. Dobäi kommen och nach d'Käschte vun den elektromechaneschen Equipementer, déi wéinst enger Rei vun europäeschen Direktive mussen adaptéiert ginn, esou wéi se haut virgeschriwwe gi vun deene respektiven Direktiven.

Schlussendlech sief nach drop higewisen, datt d'Etüden zu deenen eenzelne Sektioune leschten Enns alleguerte méi deier gi sinn, vis-à-vis vun den initiale Käschten, déi virgesi waren. Den neien Devis dréit dëse Käschten deemno och Rechnung.

De Gesetzesprojet modifiéiert awer och nach den Artikel 5 aus dem Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert d'Nordstrooss, deen u sech d'Mesures compensatoires festhält. Et huet sech nämlech erausgestallt, datt de Passage fir Wëld iwwert d'Nationalstrooss N11 technesch schwéier realiséierbar ass, dat virun allem duerch d'Topographie vum Terrain.

Och um cynégétesche Plang, dat heescht um Plang vun der Juegd, ass bezweifelt ginn, ob esou eng Moossnam iwwerhaapt déi néideg Effikassitéit huet. Doriwwer eraus weisen 13 vun deene 14 ënnerierdesche Passagë fir klengt Wëld ënnert der Nordstrooss technesch Schwieregkeete bei der Realisatioun op, wat d'Experten zur Konklusioun komme gelooss huet, datt sech déi agespuerten Zomme bei der Suppressioun vun dëse Kompensatiounsmoossname sënnvoll kéinte fir d'Modifikatioune beim Bau vun der Nordstrooss asetze loossen.

Dat betrëfft deemno virun allem den Elargissement vum Tunnel Grouft an d'Suppressioun vum Bëschgebitt op enger Surface, déi leschten Enns och méi grouss ginn ass, wéi et initialement geplangt war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn u sech d'Haaptelementer aus dësem Gesetz. Wat den Avis vum 21. Juni 2005 vum Statsrot ubelaangt, esou ass d'Tounlag u sech eng ähnlech wéi bei anere grousse Bauprojeten, déi eng Rallonge budgétaire gebraucht hunn. Déi héich Kierperschaft lëscht an deem Kontext eng ganz Partie vu Bauprojeten op, fir dann zum Schluss ze kommen, datt se duerchaus kéint verschidden Dépassementer beim Bau vun der Nordstrooss novollzéien. Bei aneren Dépensen huet sech de Statsrot awer d'Fro gestallt, ob de gesamten Dépassement vu ronn zwee Drëttel vum initialen Devis nach enger seriöer Konzeptioun, Preparatioun a Planifikatioun vu groussen Infrastrukturprojete géif entspriechen.

De Statsrot huet sech och gewonnert, dass een sech där technescher Problemer beim Bau vum Passage fir Wëld a vun den ënnerierdesche Passagë fir Klengwëld net vun Ufank u bewosst war. Déi héich Kierperschaft huet op alle Fall ugekënnegt sech formell ze opposéieren, wann déi agespuerten Zommen op Aarbechten un der Nordstrooss verwendt ginn, am Fall wou dës Aarbechten net an de Champ d'application vum Artikel 5 vum Gesetz vum 27. Juli 1997 géife falen. De Statsrot mengt, datt all nei Affektatioun vu Suen iwwert de gesetzleche Wee misst geregelt sinn an deemno misst den Artikel 5 an dësem Gesetz an dësem Geescht ëmgeännert ginn.

De Bauteministère huet eis verséchert déi disponibel Kreditter duerch d'Suppresssioun vun de Passagë fir Wëld nëmmen no den Dispositioune vum Artikel 5 vum Gesetz vun 1997 ze verwenden. En entspriechend Schreiwe mat den néidege Garantien ass un de Statsrot gaangen, adresséiert mat Datum vum 4. Juli, a Kopie un d'Bautekommissioun, fir dem drohende Refus vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel entgéintzetrieden. De Statsrot huet heizou eng positiv Äntwert ginn.

D'Memberen an der Kommissioun hunn den Avis vum Statsrot natierlech an all sengen Eenzelheeten duerchgeackert. D'Kritik, datt de virleiende Projet net de richtege Montant vun den Dépassementer uféiert, konnt dohigehend entkräft ginn, datt sech un zwee verschidde Bauindexen orientéiert gouf. De Montant, deen an där initialer Versioun vum Projet ageschriwwen ass, ass schlussendlech dee richtegen an definitiven.

D'Kommissioun huet sech op verschidde Froe konzentréiert. Et ass vum Ministère ënner anerem preziséiert ginn, datt déi 14 Passagë fir Klengwëld u sech no reng theoretesche Considératiounen am Projet développéiert goufen. Eréischt no an no hu sech déi technesch Problemer bei enger eventueller Realisatioun bemierkbar gemaach, wat schlussendlech zur Décisioun gefouert huet, fir dës Passagen aus de Baupläng ze sträichen.

Des Weideren ass dorobber higewise ginn, datt d'Aarbechten de Grondwaasserniveau nach net erreecht hunn. Iwwert de Wee vun enger Konventioun soll de Gratisapprovisionnement vun Drénkwaasser fir d'Gemeng Luerenzweiler séchergestallt ginn, wou ënner anerem d'Quantitéite festgehale ginn, déi d'Gemeng duerch de SEBES kompenséiert kritt, am Fall wou bei den Aarbechte Waasser aus de Luerenzweiler Quelle verluer geet.

Wat de Fortgang vun den Aarbechte vun de sou genannten „mesures compensatoires" ubelaangt, sou ass festgehalen, datt nach eng Rei Problemer bei der Acquisitioun vun den Terrainë bestinn.

Och wann nach ëmmer Onstëmmegkeeten zwëschent dem Stat an enger Entreprise iwwert d'Stabilisatiounsaarbechten am Gousseler Tunnel bestinn, sou konnten d'Aarbechten awer ofgeschloss ginn. D'Experte sinn amgaang, d'Fro iwwert d'Responsabilitéiten ofschléissend ze klären, wat awer net verhënnert huet fir d'Entreprise ze bieden, d'Aarbechten dach zu hirem Ofschloss ze féieren, an dat no de Konditioune vun der Administration des Ponts et Chaussées, déi an engem Avenant zum Marché initial festgehal goufen.

Et sief an deem Kontext nach eng Kéier dorop higewisen, datt no verschiddene Problemer, déi sech beim Bau vum Tunnel Goussel gestallt hunn, d'Verwaltung vu Ponts et Chaussées huet missen nei Prozeduren ausschaffen, fir de Suivi vum Bau vum Tunnel Grouft ze garantéieren. Dës Prozedure goufen an enker Zesummenaarbecht mat auslänneschen Experten definéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt ech lech an de Memberen hei am Parlament déi néideg Informatiounen iwwert dëse Gesetzesprojet ginn hunn. Ech mengen, datt och dëse Projet net vu Kritik vun deem engen oder vun deem anere verschount bleift. Ech wëll awer dorun erënneren, datt de Bauteminister an dësem Dossier mat aller Transparenz operéiert huet. Ech denken doriwwer eraus, datt déi Pisten, déi vun him an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes opgezeechent gi sinn, e richtegt Signal duerstellen, fir an Zukunft déi finanziell Enveloppe vun esou grousse Projete besser kënnen ze evaluéieren. Ech bleiwen awer dobäi, datt d'Nordstrooss e wichtege Projet fir eist Land a fir den Norden duerstellt.

Dëst gesot, soen ech lech als Rapporteur Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech awer nach am Numm vu menger Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm hei op en anert Stéck vun der Nordstrooss aginn.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Elo hu mer schonn „très bien" gesot!

(Hilarité)

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Et handelt sech ëm dat Stéck tëschent dem Contournement vu Schieren an dem Rond-point Friedhaff.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo grad e Projet de loi explizéiert wou et dorëm geet, zousätzlech Finanze fir en Deelstéck vun der Nordstrooss ze accordéieren. Dee gréissten Undeel vun deenen zousätzleche Käschten ass op zousätzlech Mesuren zréckzeféieren, déi d'Nordstrooss nach méi sécher solle maachen. Zum Beispill, eng drëtt Pist am steigenden Tunnel Grouft, e Säitentunnel vun 80 m als Fluchtwee an anerer. Ech kann dëst nëmme begréissen, well d'Sécherheet vun den Automobilistë muss eis alleguerten e ganz besonnescht Uleies sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Sécherheet ass awer manifestement net um Contournement Schieren-Ettelbréck ginn, well dëst Stéck einfach net méi den heitege Verkéierssituatiounen ugepasst ass.

Éischtens ass de Contournement op enger ganzer Rei vu Plaze vill ze schmuel.

(Coups de cloche de la Présidence)

Zweetens, et gëtt net déi geréngsten Auswäichméiglechkeeten